

tierlech vun hiren Entwécklungen of; dat hântk vun deenen eenzelne Projeten of, wéi d'Chercheuren se opbauen; dat soll ofgesécherst sinn, andeems d'Regierung de Finanzement garantéiert. Fir dëse Moment hu mer an eisen dräi CRPen zesummegefaasst ongeféier eng 400 Leit schaffen. Dat ass net näischt. Dat ass ee klenge Mëttelbetrib, dee mat festen Aarbechtsplazen ofgesécherst ass. Et ass also och eng Schafung vun Aarbechtsplazen, déi iwwert de Wee vun der Fuerschung geschitt, an den CRP-Santé ass an héich performanten Domänen tätég.

Här Fayot, Dir hutt gefrot firwat et esou laang gedauert huet, bis dee Projet ausgeschafft ginn ass. Wann een e Projet ausschafft, wou komplizéiert Laboratoire drakommen, dann ass dat e Gebai, dat sech net wéi en Administratiounsgebai mat Büroen um Räissbriet maache léisst. Et ass dofir eng laang Phas vun Elaboratioun ginn. Et sinn och Diskussiounen ginn ëm de Käschtepunkt.

Mir wësse jo awer, datt mer hei e beträchtliche Käschtepunkt investéieren; datt deen heiten CRP esou deier ass wéi déi zwee aner zesummen. Dat heescht dofir awer och, datt seng Equipementer vu gudder Qualitéit solle sinn an an d'Zukunft féieren.

An da gëtt d'Fro gestallt: Wéi ass d'Interaktioun mat dem Site Belval? Fir mäin Deel kann ech nëmme soen, datt mer zu Belval, en accord mam Wirtschaftsminister, virgesuergt hunn, datt zu Belval Plaz ass fir Start-upen an datt all Equipementer, déi op Belval kommen, et och méiglech maachen, datt Start-upé sech zu Belval um Terrain aplanzen. Dat ass d'Weiderféierung vum Projet Schlassgoart, wou mer zu dësem Moment scho 15 där Start-upen hunn, déi sech begleet loosse vum CRP Henri Tudor.

Et wäert also esou sinn, datt déi wirtschaftlech Entwécklung hei dru gekoppelt ass, an et ass eng vun deene Chancen, déi eist Land nach huet, fir an der Wirtschaft auszubauen, fir ze diversifizéieren, fir nei Aktivitéiten an deenen dote Beräicher vun der Fuerschung hei opzebauen.

Ech wëll och ganz kloer soen, datt ech eng Zesummenaarbecht mat der Universitéit natierlech an deem Mooss gesinn, wou d'Universitéit hir eegle Laboë wäert bauen, wat jo net déiselwecht Laboë kënne si wéi déi, déi mer elo fir den CRP bauen. Also ass d'Zesummenaarbecht unhand vun den Infrastrukturen ze organiséieren tëschent den Instituter. Ech denken, mir mussen ophale mat deem Cloisonnement, datt mer soen, wann deen een hei beim Centre Hospitalier sëtzt, an deen anere sëtzt zu Belval, da kënnen déi zwee net matenee schaffen. Et soll ëmgedréint sinn. Et soll zesummegeschafft ginn, an dat ass och méiglech.

Et bleift nach e Problem ze klären. Dat ass een épineusë Problem, deen eis nach vill Kappzerbrieche wäert maachen, dat ass de Statut vum Laboratoire National de Santé. Mir hunn eis engagéiert aus deem Laboratoire e Laboratoire de référence ze maachen. Fir de Moment si mer amgang mat der Programmation. Awer och do huet de Baute ministère zu dësem Zäitpunkt nach net den definitive Programm vun deem, wat dann inhaltlech soll gebaut ginn. Et ass also wichteg, datt mer do kucken, wéi de Laboratoire National de Santé dann an de ganze Fuerschungsberäich agräift a wéi mer do déi néideg Synergien kënne maachen.

Här President, zum Schluss soen ech dem Rapporteur merci, deen hei gutt a schnell Aarbecht gemaach huet. Mir kënnen hei fir den CRP-Santé e schéint Gebai bauen, an dat ass zum Wuel vun der Fuerschung. Woubäi ech soen, datt déi Entwécklung ouni d'Universitéit selbstverständlech net méiglech gewiescht wär. Well iwwerall wou een am Ausland kuckt, wou d'Fuer-

schung ee Standuertfacteur gëtt, do ass et well och eng Universitéit derbäi ass. An déi Synergie, déi hu mer eréischt gemaach mat der Décisioun, fir hei och d'Universitéit ze schafen.

Ech denken, datt dofir d'Fuerschung an den nächste Jore ganz sécher op hiren 1% vun dem PIB wäert kommen, esou wéi den europäesche „benchmarking“ ass. Den Effort, dee mer dës Kéier gemaach hu vun 0,1 op 0,3%, dat ass ee beträchtlechen.

(Interruption)

Et kann een och keen Effort maachen, wann ee keng Projeten huet, an ech menge Projete kritt een och nëmme, wann d'Infrastrukturen do sinn, well soss gëtt dat ee Cercle vicieux, deen een net zu Enn féiere kann.

Ech soen der Chamber merci fir dee positive Vote.

M. le Président. - D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 5226 a mir stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 5 si gelies an ugehall.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen also elo of iwwert de Projet de loi 5226.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Fenny Nicklaus-Faber (par M. Lucien Clement), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Laurent Mosar), MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz (par M. Jean-Marie Halsdorf), Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. John Schummer), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Xavier Bettel), MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydia Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen;

MM. François Bausch (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira);

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 5162 iwwert dee staatleche Centre socio-éducatif. Et si schonn ageschriwwen: déi Hären Di Bartolomeo, Bettel a Jaerling an d'Madame Reuter. D'Wuert

huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Marie-Josée Frank.

4. 5162 - Projet de loi portant réorganisation du centre socio-éducatif de l'État

Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse

Mme Marie-Josée Frank (CSV), rapportrice. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Wuel vun eise Kanner, déi eis Zukunft sinn, muss jiddferengem um Häerz leien. D'Kanner brauche Léift, Gebuergeheet, Schutz an Orientéierung. Dat ass eng Eltereiflicht, déi haut ganz oft, duerch wéi eng Émstänn och nach, net méi respektéiert gëtt.

De virleiende Projet de loi „portant réorganisation du centre socio-éducatif de l'État“ dréit dozou bäi, de Kanner ze hëllefen, wa se net méi mat hire Problemer fäerdeg ginn, an hir Famill net méi an der Lag ass, si ze encadréieren.

De Projet 5162 gesäit vir, de legislative Kader un de Reformimpuls um Niveau vun de Centres socio-éducatifs unzepassen an den Erausforderunge bei der Prise en charge vu Kanner a Jugendlecher mat Verhalensstéierung Rechnung ze droen.

Une voix. - Très bien.

Mme Marie-Josée Frank (CSV), rapportrice. - Den Objet vun dësem Gesetz ass d'Schafung vun enger Sécherheetsunitéit zu Dräibuer. Am Kader vun der Orientéierungsdebat, wou ech Rapportrice war, iwwer eisen aktuelle Jugendhëllef- a Jugendschutzsystem, deen am leschten Hierscht an der Chamber stattfont huet, huet d'Spezialkommission „Jeunesse en détresse“ dorobber higewisen, dass d'Centres socio-éducatifs net méi den Uspréich vun enger moderner Prise en charge vun de Kanner an de Jugendlechen entsprechen.

D'Détresse vun de Kanner huet vill Wuerzelen, déi oft matenee verstréckt sinn. En Dysfonctionnement an der Famill; de Leeschtungsdrock an der Schoul an an der Gesellschaft wou Upassungsfäegkeet, Flexibilitéit an Autonomie an ëmmer méi grouse Moosse verlaangt ginn, mä och perséinlech Facteuren, wéi zum Beispill psychesch Defizitter, sinn e puer Ursachen, déi d'Nout vun de Kanner erklären. Drogen- an Alkoholkonsum, all Form vu Gewalt, Délinquance sinn oft Äntwerten op Froen a Problemer, déi d'Kanner hunn.

Wa fréier d'Kanner, déi zu Dräibuer a Schraasseg placéiert goufen, haaptsächlech aus aarmen, sozial schwache Famillje komm sinn, ass hautdésdags ëmmer méi, dass jonk Leit aus gutt bemëttelte Familljen an dëse Strukturen opgehall ginn. Ëmmer méi Kanner, déi zu Dräibuer oder Schraasseg ënnerbruecht ginn, hu psychesch Problemer. Vill Kanner ginn haut net méi geléiert elementar Verhalensregelen ze respektéieren. Et ass also net verwonnerlech, wa sech ëmmer méi Kanner duerch en destruktivt Verhale kennzeechnen. Doriwwer eraus ass och d'Zuel vun de stroffällege Jugendlechen a virun allem vun de réckfälligen Délinquanten, déi speziell zu Dräibuer a Schraasseg placéiert ginn, an deene leschte Joren an d'Luucht gaangen.

Mir hunn haut wuel verschidde Strukturen, wou Kanner a Jugendlecher ënnerbruecht kënne ginn, falls e Placement noutwendeg ass. Am Prinzip komme Kanner a klas-

sesch Kannerheemer. D'Centres socio-éducatifs sinn do fir méi schwieereg Kanner opzehuelen. De Problem vun de Centres socio-éducatifs ass dee vun der Verméschung vun de Kanner. Dir fannt haut oft zu Dräibuer a Schraasseg souwuel Kanner, déi net an engem Foyer ënnerbruecht ginn, well do keng Plaz ass, mä et ass awer ganz oft esou, dass d'Kanner speziell mat liicht a méi schwéiere Verhalensproblemer respektiv Kriminaler do ënnerbruecht ginn.

Mir sinn eis also alleguerte bewosst, dass mir lwwergangsstrukturen hei am Land brauchen. Et ass dofir wichteg, de juristesche Kader vun de Centres socio-éducatifs ze reforméieren, fir iwwer e Rechtinstrument ze verfügen, deen dësen Opfangstrukturen d'Méiglechkeet gëtt, hiren Aufgaben a Missiounen besser nozekommen. Et ass noutwendeg eng geschlossen Unitéit ze schafen, wou Kanner a Jugendlecher bei deenen eng staark Destrukturéierung vun der Perséinlechkeet festgestallt ginn ass, déi fir sech selwer oder hiert Ëmfeld eng Gefor duerstellen oder déi stroffälleg gi sinn, ënnerbruecht kënne ginn.

De virleiende Projet reit sech an der Evolutioun vun de Centres socio-éducatifs säit hirem Bestoen - an zwar kuerz nom Zweete Weltkrich - kennzeechnend an. Lues a lues huet sech d'Konzept vun de Missiounen vun de Centres socio-éducatifs geännert. D'Aufgab vun dëse Centres kann net an der Bestrafung vum Mineur leien, mä an der Erzéiung an an der Reintegratioun vum Betreffenden a seng Famill, an d'Schoul an an d'Gesellschaft.

D'Gesetz vun 1991 huet dës Evolutioun vervollstännegt an e kloert Zeeche gesat, andeems dësen Text virun allem déi nei socio-éducatives Missiounen vun de Centres socio-éducatifs geännert. Niewent hiren traditionellen Aufgaben, déi an der Betreuung an an dem Schutz vun de Jugendleche besteet, sollen a mussen d'Centres hir Pensionnairen ënnerstëtzen a si op hiert Liewen no Dräibuer, respektiv Schraasseg, virbereeden.

Um infrastrukturelle Plang sinn och eng ganz Rei Projeten zënter 1991 realiséiert gi mam Zil, d'Prise en charge vun de Kanner ze optimiséieren an déi zwou Unitéiten Dräibuer a Schraasseg mateneen ze verbannen. Ech denken do un d'Regruppéierung vun den interne Schoulen oder un d'Schafung vun enger gemeinsamer Direktioun an Administratioun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de wichtigste Punkt vum virleiende Gesetzesprojet ass d'Schafung vun enger Sécherheetsunitéit zu Dräibuer. Schonn 1992 ass e Groupe de travail interministériel, deen de Fernand Boden deemools als Familljeminister an d'Liewe geruff hat, zur Konklusioun komm, dass et opportun wär, zu Dräibuer eng geschlossen Unitéit ze bauen. Den europäesche Comité géint d'Torture an aner onmenschlech Behandlungen huet an deem Rapport vun 1997 op d'Noutwendegkeet zu Lëtzebuerg higewisen, esou eng Unitéit zu Dräibuer virzegesinn. D'Regierung ass schonn an hirer Erklärung vun 1994 drop agaangen, wat awer schlussendlech eréischt an der Regierungserklärung vun 1999 definitiv zréckbehalen ginn ass, an zwar d'Schafung vun esou enger Unitéit um Site zu Dräibuer.

An dësem Kontext ass nach ervirzehiewen, dass d'Chamber den 11. Mee 2000 eng Motioun gestëmmt huet, wou d'Regierung opgefuerdert ginn ass, fir dës Unitéit bis spëitstens Enn 2001 ze realiséieren. Et war awer am leschte Joer am Mee 2003, wou dëse virleiende Projet an der Chamber deponéiert ginn ass.

Wéi all sensibel Sujeten, huet d'Schafung vun enger geschlossener Unitéit fir vill Kontroversen am Public an an der Kommissioun ge-

suegt. D'Pädagogen zum Beispill mengen, et wär net gutt, esou eng Unitéit virzegesinn. Si fäerten, dass dës Struktur zu enger Zort Ofstellraum gëtt, wou all déi méi schwieereg Kanner a Jugendlecher, déi keen traditionelle Foyer wëllt ophuelen, ënnerbruecht ginn. Si mengen och, dass e Placement an esou enger Struktur dee jonke Mënsch wäert stigmatiséieren, wat schlussendlech enger Réinsertioun net wäert zegutt kommen. Mir sinn eis awer bewosst, dass klassesch Foyeren net géegent sinn, fir d'Kanner mat spezifesch Verhalensschwierigkeeten opzefänken. Mir brauchen dofir nei Strukturen nient der bestoender Kannerpsychiatrie, déi jo viru kuerzem um Kierchbiere geschaf ginn ass.

Wat d'Bedenke vu verschiddene Leit, wat d'Schafung vun esou enger Struktur, ugeet, mengen ech, dass alles eng Fro ass, wéi een den Encadrement vun deene be-traffene Jugendleche gesäit. Et geet aus dem Projet ervir, dass d'Autoren eng Struktur schafe wëllen, déi kloer definéiert socio-éducatives Missiounen huet. Net fir näischt hunn d'Auteure vum Projet sech och fir de Site vun Dräibuer ausgeschwat. Den Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand, wéi och de Statsrot stellen de Site a Fro. Vill Kollegen heibannen hätten sech och gewënscht, d'Sécherheetsunitéit wär op eng aner Plaz komm. Et ass awer zréckbehalen ginn, dës Unitéit op Dräibuer ze bréngen.

(Interruption)

Wat gelift?

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse. - Et hat awer keen eng aner Plaz proposéiert. Et ass liicht fir ze soen, dat do ass net gutt, mir hätten se léiwer enzwousch aneschtlers!

Mme Marie-Josée Frank (CSV), rapportrice. - Ganz richtig, ech hu gesot, d'Memberen an der Kommissioun.

D'Sécherheetsunitéit stellt fir verschidde Kanner déi éischt Etapp vun engem laange Reintegrationsprozess duer, deen an der geschlossener Unitéit ufänke wäert, mä net do ophale soll. Si verfollegt déiselwecht Ziler wéi d'Centres socio-éducatifs, oder fir méi prezis ze sinn, wéi d'Internat zu Dräibuer oder Schraasseg. Et ass och méi einfach e Kand vun enger Unitéit op déi aner ze transferéieren, wann déi zwou Unitéiten Deel vun engem Site sinn.

E weidert Argument, wat fir de Site vun Dräibuer plädéiert, ass d'Tat-saach, dass déi geschlossen Unitéit vun den Experienzen an Innovatiounen vum Centre socio-éducatif vun Dräibuer a puncto Pédagogie an therapeutesch Encadrement ka profitéieren; wat jo am Interesse vun de be-trafte Kanner a Jugendlecher ass. Den europäesche Comité géint d'Torture an aner onmenschlech Behandlungen ass iwwregens och mam Site vun Dräibuer averstanen. Esou kann een et a sengem Rapport vun 1997 noliesen.

D'Sécherheetsunitéit zu Dräibuer ka maximal zwielf Kanner ophuelen. D'Auteure vum Projet hunn dës Ziel zréckbehalen, well se all Mëssbrauch vun dëser Struktur wëlle vermeiden. Dës Unitéit besteet aus véier verschiddene Sektionen, déi jeeweils dräi Kanner respektiv Jugendlecher ophuele kënnen. Dëst erlaabt eng individuell Prise en charge vun deene Betreffenden.

De Projet gesäit och vir, Sécherheetsmoosnamen ze treffe fir d'Kanner, déi an der Émgéigend an d'Schoul ginn, an och fir déi Leit, déi an der Émgéigend wunnen, an dofir gëtt op dem Site eng Mauer vu fénnef Meter ronderëm déi nei Struktur gebaut, an et ass och d'Schafung vun engem zentralen Sécherheetsposté virgesinn.

D'Realisatioun vun dëser neier Struktur bréngt och mat sech, datt een d'Personal muss opstocken. De Projet schwätzt vun 23 neie Posten, dovunner zéng Educateuren. De Projet gesäit och vir, fir de Service psychosocial, de Service technique et d'économie domestique ëm jeeeweils zwou Persounen opzestocken. Den zentrale Sécherheitsposté soll ebenfalls mat sechs Leit besat ginn an ee Responsabele soll och nach derbäikommen.

Ech wëll kuerz nach op d'Missioun vun där neier Unitéit agoen. D'Sécherheitsunitéit huet als alleréisch d'Mission de surveillance, de préservation et de garde. Si soll souwuel d'Pensionnaire wéi och d'Gesellschaft schützen. D'Sécherheitsunitéit huet awer virun allem d'Vokatioun, de psychesche Restrukturierungsprozess vun deene Jugendlechen anzeleeden. Si gi geléiert, Regeln ze respektéieren. D'Upassungsfäegkeet un d'Liewen an der Sécherheitsunitéit, déi no strikte Regeln oflafe soll, ass Viraussetzung fir eng progressiv gesellschaftlech Integratioun op déi d'Sécherheitsunitéit prioritär schafft. An dësem Kontext leeën d'Auteurs vum Projet vill Wäert op eng berufflech Ausbildung vun deene betroffene Pensionnairen. Ouni e Schoulofschloss an eng berufflech Formatioun kënnen déi jonk Leit schlecht integréiert ginn.

Eng weider Missioun vun där Unitéit ass déi, Kanner a Jugendlecher ze valoriséieren. Et kënt nämlech oft vir, datt Kanner, déi op Dräibuer oder op aner Plaze placéiert ginn, kee Selbstwäertgefühl méi hunn, well se doheem ongerecht behandelt gi sinn, mësshandelt gi sinn oder einfach net genuch Léift kritt hunn, fir sech och kënnen auszuschwätzen. Dës Kanner musse geléiert ginn, u sech selwer ze gleewen, fir datt si hir Plaz an der Gesellschaft fannen.

Ech wëllt nach e puer Bemierkungen zu deene verschiddenen Dispositione vum Projet maachen. Dir gesitt, datt den Intitulé, och den Text selwer, net méi vun de Centres socio-éducatifs de l'État an der Mehrzahl schwätzt, mä an der Einzahl. Et stëmmt, datt d'Centren op zwee verschidde Sitë verspreet sinn, mä vu datt hire Statut an hir Funktionsweis déiselwecht sinn, huet de Statsrot gemengt, et soll een nëmmen nach vun engem Centre socio-éducatif schwätzen. D'Kommissioun huet sech un dës Proposition vum Statsrot ralléiert.

Den Text preziséiert, datt de Centre socio-éducatif nëmme Kanner ophëlt, déi vum Jugendrichter placéiert ginn. D'Kommissioun huet an dësem Projet, wéi viru kuerzem am Kader vum Projet iwwert d'staatlech Kannerheemer, der Proposition vum Statsrot awer net Rechnung gedroen, fir eng Altersgrenz virzegesinn. An eisen Aen ass et wichteg, datt déi Kanner, déi an enger encadréierter Struktur geléift hunn, d'Méiglechkeet solle kréien, och nach no 21 Joer vum Encadrement an deene Servicer vum Centre socio-éducatif kënnen ze profitéieren, wa si nach dorop ugewise sinn.

Wat den Artikel 2 vum Projet ugeet, deen d'Missioun vum Centre beschreift, ass ervirzehiewen, datt de virleifenden Text manner an den Detail geet wéi den Text vun der Regierung. De Conseil d'État war der Meinung, et wier besser e méi generellen Text virzegesinn. De Centre behält esou d'Méiglechkeet, sech den zukünftege Missiounen unzepassen. D'Kommissioun huet sech do dem Avis vum Statsrot ugeschloss.

Wat déi verschidden Unitéiten um Centre uginne, war d'Kommissioun der Meinung, et sollt een net déi extern Logementer an déi soziopädagogesch Formatiounsunitéit vun der Lëscht sträichen, wéi dat de Statsrot suggéiert huet. Déi externen Logementer sinn duerfir do fir ehemoleg Pensionnairen opzufänken, déi, nodeems den eigentleche

Placement opgehalen huet, vum Encadrement vum Centre wëlle weider profitéieren.

Et ass och wichteg, datt de Centre seng eege Formatiounsunitéit behält, op Grond vun de spezifische Missiounen an Aufgabe vum Centre. De Statsrot wollt, datt d'Commission de surveillance et de coordination an eng einfach Commission consultative sollt ëmtransforméiert ginn. Op Grond vun där excellenten Aarbecht, déi dës Kommissioun schonn zënter 1991 geleescht huet, ass decidéiert ginn, den Text vun 1991 zrëckzebehalen. Wat d'Nominatioun vun de Membere vun dëser Kommissioun ugeet, soll de Procureur général d'État am Géigendeel zu deem, wat am Kader vum initiale Projet festgehalen ginn ass, keng Roll méi spillen.

De Comité consultatif de cogestion ass op Grond vun de Kritäre vum Statsrot vum Projet erausgeholl ginn. De Centre soll vun engem Chargé de direction, deen e Mandat fir siwe Joer kritt, dirigéiert ginn. De Statsrot hält léiwer gehat, d'Direktioun vum Centre wier engem Direkter iwwerdroe ginn, ouni zäitlech begrenzten Mandat.

D'Artikelen 9 an 10 bezéie sech op d'Disziplinarmossname respektiv op d'Sécherheitsmossnamen, déi geholl kënnen ginn. Dës Moossname kënnen vum Personal vum Centre nëmmen op formalen Uerder vum Chargé de direction a sengem Delegéierten a Saachen Disziplin a Sécherheet geholl ginn. An dëser leschter Hypothees muss d'Commission de surveillance et de coordination hiren Avis ofginn.

Eng Mesure d'isolement temporaire kann awer just an engem gravé Fall decidéiert ginn. Dës Moossnam ass och zäitlech begrenzt a si kann net iwwer zéng Deeg erausgoen. Den Artikel 11 erënnert, datt d'Placement vun der Sécherheitsunitéit zu Dräibuer nëmmen op Basis vun enger geriichtlecher Entscheedung ka geholl ginn. De Rescht vun den Artikelen bezitt sech gréisstendeels op d'Personal an déi verschidde Carrièren am Kader vum Centre.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech zum Schluss vu menger Interventioun kommen, erlaabt mer e puer perséinlech Bemierkungen. Am meeschte wëll ech all deene Leit merci soen, déi an deene vergaangene Joren an där Institutioun wäertvoll Aarbecht geleescht hunn. Et ass ganz oft esou, datt se net fir déi Aarbecht, déi si do leeschten, honoréiert ginn, a si hunn awer e grouesse Merci verdéngt.

Mäi Wonsch bleift, datt d'Politik der Jugend an der Famill Prioritéit setzt, datt d'Elteren, déi hirer Responsabilitéit net méi kënnen nokommen, duerch eng Eltereschoul geléiert ginn, aneschtens mat hire Kanner ëmzegoen, datt d'Schoulpersonal fréi Verhaltensproblemer bei de Schüler a Schülerinnen erkennt, datt d'Politik bereet ass, sech méi intensiv am Beräich vun der Preventioun vun der Nout vun de Kanner an hire Familljen ze investéieren.

Wa mir als Politiker eis Verantwortung huelen, wann d'Elteren an d'Gesellschaft, jidderee sech däers bewosst ass, dann, mengen ech, brauche mir an Zukunft dës Sécherheitsunitéit vun zwielef Plazen net auszubauen. Well eng wierklech mënschlech Gesellschaft ass nëmmen déi, déi jiddferengem d'Méiglechkeet gëtt, och engem délinquanten Jugendlechen, seng liewenswäert Plaz ze fannen.

Am Numm vun der Familljekommissioun géif ech lech bieden, dës virleifenden Text mat grousser Majoritéit unzehuelen. Et ass e wichtege Text, deen dozou bäidréit, um institutionellen Niveau déi néideg Reformen anzeleeden, fir eise Jugendhëllef- a Jugendschutzsystem ze verbessern, dëst am Interesse vun deene betroffene Kanner a Jugendlechen.

Ech ginn och heimadder den Accord vu menger Fraktioun a soen lech merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Mars Di Bartolomeo agedroen. Den Här Di Bartolomeo huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här President, Dir Damen an Dir Hären, fir et och direkt ze soen, eis Fraktioun wäert dëse Projet stëmmen. Och wann et duerchaus erlaabt ass, kontrovers iwwert déi verschidden Direktiounen, déi ee kann an dësem Beräich anhuelen, ze diskutéieren.

Ech mengen awer, dass eng pragmatesch Approche den Advantage huet, dass mer eppes zustan bréngen; laang Diskussiounen huet et der genuch ginn an der Vergaangenheet. Mir sinn eng Dose Joren amgaangen iwwert dëse Problem ze diskutéieren an doduerch gëtt en net méi einfach an et ass wichteg, dass ee bei allem Sitë-Romantismus a bei aneren Iwwerleegungen awer soll zu prakteschen Antworten op real existéierend Froen iwwergoen.

Et ass alles gesot, wat d'Reorganisatioun vun de socio-éducativen Zentren oder dem socio-éducativen Zentrum ugeet. Do gëtt de legislative Kader deem ugepasst, wat sech an deene leschte Joren um Terrain gemaach huet: eng Dépénalisierung vun der Approche a Richtung socio-éducativ, psychosoziaalt Encadrement, a Richtung Hëllef, Ënnerstützung, Schutz, Resozialisierung, Integratioun, respektiv Reintegratioun.

A wann een iwwert d'Missioun vum dem socio-éducativen Zentrum schwätzt, da muss een, mengen ech, als Prémisse soen, dass deen Zentrum oder déi Zentren net all déi Problemer kënnen léisen, déi eis Gesellschaft generéieren. An et muss ee soen, dass och wa mer déi dote Strukturen an och déi zukünfteg Struktur hunn, dass een all déi aner, déi an der Erziehung intervenéieren, net däréi aus der Verantwortung entloossen an dass ee sech déi Moyerë muss ginn, fir an der preventiver Approche ze bleiwen. Eng preventiv Approche, déi verlaangt, dass mer eis Schoulen un déi reell Problemer, déi um Terrain sinn, adaptéieren, dass mer méi aus eise Schoule maachen, wéi heiansdo véier Mauere wou een Enseignant mat all Zorte vu Kanner muss eens ginn, mä dass een och deem socio-éducativ Beräich ronderëm d'Schoul all déi Wichtigkeet gëtt, déi e verdéngt.

Ech mengen, ech brauch net ze ënnersträichen, dass d'Approche vum dem Schutz, der Hëllef a Resozialisierung fir d'Kanner allgemeng Ënnerstützung wäert fannen. Wann een iwwert de Kontext vun dësem Projet schwätzt, da muss een dat och e bësse méi nuancéiert gesinn, wéi een dat nach virun 20 Joer gesinn huet, wou ee Kanner mat Problemer ëmmer ausschliesslech mat soziale Problemer identifizéiert huet.

Wann ee kuckt, wéi d'Evolution vun der Populatioun vun dem socio-éducativen Zentrum an deene leschte Joren ass, wéi se sech entwéckelt huet, da gesäit een, dass all sozial Schichte beträff sinn, dass all Nationalitéite beträff sinn, dass eng Tendenz do ass zu méi jonke Kanner, dass och eng Tendenz do ass zu méi villschichtigen a méi komplizéierte Problemer. Dat heescht - an da kommen ech op dat zrëck, wat ech just gesot hunn -, dass een dat Instrumentarium, dat ee brauch, fir op déi dote Problematik anzegoen, dauernd muss verfeinern.

Et muss ee soen, dass um Terrain an all deene socio-éducativ Strukturen, wou och eis Zentren, wou mer haut driwwer schwätzen, dozou gehéieren, extrem Effortë gemaach ginn, bei enger Aarbecht, déi net einfach ass, dass gutt Resultater erziilt gi sinn, mä wat net däréi driwwer ewechtäuschen, dass mer Kanner, Jugendlecher hunn, déi bei allem gudde Wëllen a bei allem Engagement op der Streck bleiwen, an doduerch dass se heiansdo keng Perspektiven hunn an eigentlech heiansdo näischt ze verléieren hunn, déi Grenzen, déi d'Gesellschaft hinne gezeecht huet, déi mir gezeecht hunn, iwwerschneiden.

A wann een de rosae Brëll emol eng Kéier ausdeet, da muss een drop hiweisen, dass am Joer 2000 insgesamt 25 Mannerjähreger am Prisong ënnerdaach bruecht gi sinn, well keng aner Struktur do war, fir se ënnerdaach ze bréngen, bei deene Problemer, déi se haten. A wann een e bësse méi wäit an de Statistike geet, da muss ee feststellen, dass am Joer 2002 bis zu engem Maximum vu gläichzäiteg 15 Jugendlecher am Erwuesseneprisong zu Schraasseg ënnerdaach bruecht waren. Wann een an de Statistiken, bei deenen éischte Jore wou se bestinn, nach gesinn huet wéi vill Deeg a wéi vill Jugendlecher et insgesamt bal waren, den zweeten Deel vun de Statistiken huet een dann am Projet de loi net méi erëmfonnt, sou dass ech mech froen, ob déi net bestinn oder ob...

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- Ech soen lech dat.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Gutt.

Oder ob do eng weider Evolution no uewen ze verzechnen war.

(M. Nico Loes prend la Présidence)

Ech mengen, mir sinn eis allegueren eens, dass den Erwuesseneprisong net déi richteg Plaz ass fir och nach esou schwieereg Jugendlecher, déi och nach esou Schlëmmmer fléie gelooss hunn, ënnerdaach ze bréngen, well hir Situatioun gëtt net besser, doduerch dass si an engem Erwuesseneprisong sinn.

Dat sinn net nëmme mir alleng, déi dat doten denken, dat ass bestätegt ginn - an d'Madame Rapporteur huet dat och nach eng Kéier ervirgestrach - vum europäesche Comité fir d'Preventioun vun der Folter an aneren erniddregende Prozeduren. E Comité, dee beim Conseil de l'Europe besteet an dee schonn 1997 dorop higewisen huet, dass déi Praxis, fir jonk Leit an de Prisong ze iwwerweisen, net déi richteg wier an dass et eng absolut Prioritéit wier, fir eng eegestänneg an zoue Struktur ze schafen.

Mir wëssen, dass d'Millen heiansdo ganz lues dréinen an dat gesäit een och un dem Fakt, dass zënter 1992 déi zoue Struktur am Raum stoung, wou se vun deem Groupe interministériel, ënnert der Schirmherrschaft vun deemolege Familljeminister, dem Fernand Boden, empfohlen gi war.

Aus deenen Diskussiounen, déi elo zënter zwielef Joer gelaf sinn, hu sech eng Rei vun Optionen ergi gehat, fir esou eng zoue Struktur ze schafen. Déi eng, déi een direkt konnt ausschléissen, well bei kenger Sait Begeeschterung war, dat war déi, fir déi Sécherheitsstruktur un de Prisong vu Schraasseg unzeschléissen; ech mengen déi war direkt vum Dësch an déi ass och zu Recht vum Dësch.

Déi zwou aner Approchë sinn awer absolut diskutabel, déi vun enger eegestänneger Struktur an déi vun enger Struktur, wéi mer se elo uginne, déi un e Zentrum, wéi en zu Dräibuer besteet, ugehaange soll ginn. Déi, déi fir déi eegestänneg Struktur plädéiert hunn, waren

der Meinung, dass déi Vermischung net optimal wier; dat kann een novollzéien. Et gëtt eng ganz Rei vu gudden Argumenter, déi an déi dote Richtung ginn, mä et ass virdru scho gesot ginn, wann een Alternativë proposéiert, da soll ee wann ech gelift och soen a wat fir engem Kader, dass se kënnen realiséiert ginn, amplat dass mer dann erëm eng Kéier vu vir ufänken.

Et gëtt aner Beräicher, wou mer ähnlech Diskussiounen hunn a wa mer fir eegestänneg Strukturen plädéieren, da solle mer wann ech gelift och esou konsequent sinn, dass mer als déi, déi dat dote mengen, d'Käpp zesummestrecken an dann och Neel mat Käpp maachen, a soe wou déi Strukturen hokommen. Dat gëllt fir deen heite Beräich an dat gëllt och fir de Flüchtlingsberäich, wou mer allegueren dru wannen, wa mer eng Kéier iwwert déi parteipolitesch Grenzen ewech ginn a probéiere pragmatesch Solutiounen ze huelen, zesummen an net géinteneen.

(Interruptions)

Une voix.- Neen, wéi verstänneg!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Ech war dat nach ëmmer. Dir hutt et just nach net gemierkt.

(Hilarité et interruptions diverses)

Une voix.- Dann hoffe mer, dass Der esou weitermaacht!

Une autre voix.- Dir hutt et awer gutt verstoppt.

M. le Président.- Fuert weider, Här Di Bartolomeo.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Schlussendlech muss ech soen, dass déi Solutioun, déi am léifste schnell realiséiert soll ginn, d'Prioritéit an der Kommissioun fonnt huet an d'Kommissioun huet d'Regierung an der Approche beleet, dass déi zoue Struktur soll un den Zentrum vun Dräibuer ugehaange ginn, wou awer och den Advantage ass, dass fléissend Iwwergäng zu bestoende Strukturen sinn an dass et zu engem Echange ka kommen an deene Beräicher vun der psychologescher an der therapeutischer Betreuung vun deene jonke Leit an et och am Beräich Formatioun fléissend Iwwergäng ka ginn.

Wou een awer muss oppassen, an, ech mengen, dat ass och thematiséiert ginn an den Diskussiounen vun der Kommissioun, dat ass, dass mer verhënnern, och wa mer elo eng nei Struktur schafen, dass mer zwar op där enger Sait dann eng Rei vu Jugendlecher placéieren an déi zouen Unitéit, an awer gläichzäiteg weiderfuere mat dem Placement vun anere Jugendlechen am Prisong, wou, mengen ech, eng Rei vu berodend Instanzen drop agaange sinn, dass et ganz kloer muss sinn, dass deen heite Projet eng Alternativ muss sinn zu Schraasseg, an net e Complément. Also an anere Wieder, dass dann déi Jugendlecher, déi gemengt sinn, och an déi heite Struktur kommen, an net an den Erwuesseneprisong zu Schraasseg.

Et gëtt och eng Rei vu Leit, och bei de Berufschamberen, déi sech Gedanke gemaach hunn, ob dann d'Zuel vun zwielef géif duergoen. Déi Fro kann ee sech natierlech stellen, wann een d'Statistike gesäit vun deene Leit, déi an deem virleschte Joer zu Schraasseg placéiert gi sinn. Dat waren der streckeweis méi wéi zwielef, dat waren der bis zu 15. A wann een d'Evolution vun de Statistiken a Saachen Delinquenz, och Jugenddelinquenz a Jugendkriminalitéit gesäit, da muss ee feststellen, dass dat net no ënne geet, mä dass déiselwecht Bewegung hei zu Lëtzebuerg ugesat huet, wéi se scho laang am Ausland bestanen

huet, an dass d'Bereetschaft vun enger gewësser Zuel sécher nach ëmmer eng verschwindend kleng Majoritéit ass, wann een et vergläicht mat der Gesamtstatistik, mä dass d'Bereetschaft fir méi wäit ze goen awer do ass.

Also d'Fro, ob et duergeet mat deenen zielef; ob séchergestallt gëtt, dass mer net awer gezwonge ginn, fir weider zu Schraasseg anzeweisen. Froen, déi och opgeworf gi sinn, opgrond vun deene maximalen Délaie beim Placement duerch déi kompetent Instanze vun der Justiz, déi Délaie vun dräi Méint, déi renouvelable sinn, wat duerno geschitt; wéi oft dass se renouvelable sinn. Kann ee beliebeg d'maximal Zäit vun dräi Méint verlängeren a jeeweils an Tranchë vun dräi Méint, bei all Kéiers enger Décisioun vun der Justiz, oder ass do eng maximal Zäit virgesinn?

Deen heite System rullt jo nëmmen, wann et zu engem relativ schnellen Dréine kënnt. Well wann ee gesäit wéi vill Jugendlecher an engem Joer beträff sinn, da klappt et mat der Zuel vun deenen zielef nëmmen, wann et awer a vernünftegen Délaien dréint.

Da mengen ech, wann een esou eng Struktur schafft, dann ass et wichteg, dass een och dat noutwendegt Personal zur Verfügung stellt. Mir hunn d'Impressioun, dass mat deenen 23 Posten, déi virgesi sinn, e ganz seriö Fundament gemaach gëtt, fir dass déi jonk Leit, déi an déi Struktur hei kommen, och anstänneg kënnen encadréiert ginn, net nëmme wat d'Garde ugeet, mä och virun allem um éducativen, schouleschen, psychosoziale Beräich.

Dann eng lescht Iwwerleeung, déi, mengen ech, weénege oder guer net aus dem Projet erausgeet, dat ass: Wat geschitt elo an der Praxis um Terrain, wann dat Gesetz hei gestëmmt ass? Ech mengen, et si keng Aussoen do iwwert den Délai, weéni dass déi Gebailechkeeten, déi Strukture sollen zur Verfügung stoen. Et sinn och keng Detailer dran iwwert de Finanzement an iwwert de Käschtepunkt. Ech hu mer soe gelooss, dass de Käschtepunkt esou niddreg ass, dass en ënnert der Limite ass vun deem wat üblech ass, fir e Gesetz ze maachen. Wéi gëtt och op déi Reproché vun eenzelne berodenden Instanze reagiert, dass d'Definitiou vun dem Fonctionnement vun där neier Struktur relativ dënn awer ass an net kloer definéiert ass, dass ee méi e kloert Konzept hätt missen op den Dësch leeën?

Ech wollt ofschléissend nach eng Kéier bestätegen, dass eis Fraktioun deen heite Projet wäert stëmmen, an der Hoffnung, dass déi Limitatioun op zielef vun de Realitéiten net dépasséiert gëtt. Et wär keen, dee sech méi géif driwwer freeën, wann an der Praxis déi zielef Plazen esou selte wéi méiglech gebraucht géife ginn.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Här Di Bartolomeo. Als nächste Riedner ass elo den Här Bettel ageschriwwen, mä den Här Mehlen hat gefrot, ob vläicht kënnt d'Reiefolleg ëmgeännert ginn. kéint den Här Mehlen da virun Iech schwätzen, Här Bettel?

(Assentiment)

Gutt, dat schéngt dann de Fall ze sinn. Da géif ech deem honorablen Här Mehlen d'Wuert gi fir seng Stellungnahm heizou. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

M. Robert Mehlen (ADR). - Här President, ech wëll mech da beim Här Bettel ausdrécklech bedanken derfir, dass en esou kulant war fir mech virzeloossen.

Mir hunn haut e Projet um Ordre du jour, deen zimlech kontrovers dobaussen diskutéiert gëtt. Net wat sâin allgemenge Contenu ubelaangt, ech mengen do sinn d'Vuen

am grouse Ganzen déiselwecht, mä haaptsächlech wat d'Implantatioun vun enger zouener, vun enger geschlossener Anstalt, dat heescht vun engem Jugendprisong zu Dräibuer ubelaangt.

Meng Virriedner hu sech schonn an och d'Rapportrice huet sech mat den Ursaache vun der steigender Jugenddelinquenz ausernee gesat. Do kënnt ee lang driwwer schwätzen. Ech wëll dat net maachen. Mä ech menge mir mussen eis awer seriö Gedanken maache wou eis Gesellschaft hin evoluéiert, wéi wäit datt mer eng sakrosankt Fräiheet interpretéieren an evoluéiere loossen. Kanner sinn onbeschriwwe Blieder, an dat wat een an hirer Jugendzäit drop schreift, dat steet meeschtens fir d'ganz Liewen drop. Et gëtt jo Leit, déi soen, datt d'Influenz vun de Medien, vun deem wat haut op de Medie gebuede gëtt, a wou mir Erwuessener nach laang net ëmmer d'Kontroll driwwer hunn, wat dann do vun de Kanner alles esou consumméiert gëtt, datt dat relativ weénege Afloss hätt. Ech deelen déi Erkenntnis oder déi Iwwerzeugung net. Ech sinn der Meenung, datt dat schonn e ganz groussen Afloss huet.

Déi heile Welt, déi et vläicht ni ginn huet, mä déi dach awer e bësse méi intakt war zu där Zäit, wou mir an de Kannerschong gestach hunn, hu mer net méi. Dat huet vill evoluéiert duerch d'Televisioun, duerch Spiller, elektronesch Spiller an esou weider. An ech mengen, och wa mer um nationale Plang limitéiert sinn an eise Mëttele fir do dergéint virzegoen, da misst dach awer um Niveau vun der Europäescher Communautéit mat alle Mëttele géint d'Diffusioun vun deenen Duerstellung vu Gewalt, vu Kriminalitéit virgaange ginn a mir sollen eis Kanner virun deenen Aflëss schützen esou wäit wéi et méiglech ass. Dat dozou.

Wa mer da Jonker hunn, déi kriminell gi sinn, da muss e Suivi kommen. Dat sinn haaptsächlech dräi Elementer. Dat eent, dat ass d'Sécherheet. D'Sécherheet vun der Gesellschaft virun esou jonke Stroftäter, déi heiandsdo gradesou geféierlech kënne si wéi Erwuessener. Et ass als zweet d'psychologesch Betreierung an d'Education, déi hannendru muss probéieren dat ze korrigéieren, wat virdru kromm gelaf ass. An et ass als drëtt d'Vermëttlung vun enger zoliter beruflecher Formation, déi jo och zu enger Basis féiert, déi et erlaabt herno am Erwuesseneliewen zu enger normaler, geregelter Erwerbstätigkeet an dann och an där Folleg zu engem normalen, regelte Liewen ze kommen.

Bis elo, wann et sech dann ëm geféierlech Jugendlecher gehandelt huet, wéi dat jo och vu menge Virriedner richteg duergestallt ginn ass, hate mer keng aner Solutioun wéi Schraasseg. Datt dat keng glécklech Solutioun war, do si mer eis alleguer eens, do brauch ee sech net laang derbäi opzehalen. Jiddferen ass d'accord a mir hu jo och dacks genuch de Fanger gemaach kritt hei zu Lëtzebuerg, datt mer do sollen eng Trennung erbäifeieren.

D'Kommissioun ass, aus Ursachen, déi mer alleguer elo héieren hunn, zur Erkenntnis komm, da soll een Dräibuer, wat e Centre socio-éducatif ass, ausbauen an eng Unitéit ufügen, déi ee beim allerbeschte Wëllen awer net anescht wéi Prisong bezeechne kann. Dat huet sécherlech eng etlech Avantage. Dat fënnt een och am Rapport erëm, do gëtt gesot: Et wier jo awer gutt, wann déi Jonk beienee wieren. Wann do fléissend Iwwergäng wieren, huet ee vu menge Virriedner gesot. Et huet een natierlech eng Partie Strukturen, déi ee gemeinsam kënnt profitéieren, da spuert ee Geld. De Passage vun enger Unitéit an déi aner wier ouni Problem, gëtt gesot.

Mir sinn zwar der Meenung - an ech wëll dat ganz daitlech soen -,

datt d'Nodeeler op déi ech elo wollt ze schwätze kommen, iwwerweien. Ech wëll ufänken, datt op deem Site net wäit dovun ewech eng Schoul steet, wou d'Kanner aus zwou Gemengen an déi Schoul ginn...

(Interruption)

Déi Fro ass berechtigt, Madame Minister. Si ass ganz berechtigt. Ech sinn natierlech fräi, déi Fro opzuerwerfen, well ech net fir déi Décisioun, fir dohinner eng Schoul opzuerichten, responsabel sinn. Ech mengen, et ass awer ee Buergermeeschter, deen Iech, wat d'politesch Blutgrupp ubelaangt, net ganz wäit ewech steet.

Et ass keng glécklech Solutioun an et muss een d'Eltere verstoen, nodeem wat elo just am Oste passéiert ass, virun net esou ganz laanger Zäit, datt do Ängschen opkommen. Mir wëllen déi Ängschen net weider verstärken, mä mir hunn awer Verständnis dofir, wa Leit et net gutt fannen, datt eng geschlossenen Unitéit, wou Jonker - an ech widderhuelen dat nach eng Kéier -, déi gradesou geféierlech kënne si wéi Erwuessener, do agespärt ginn. A wéi dicht a wéi sécher eis Prisonge sinn, dat hu mer jo an der Vergaangenheet dacks genuch erlieft. Datt do vläicht an engem bestëmmte Moment d'Versuchung grouss ass, fir vun esou enger Schoul ze profitéieren, fir sech...

(Interruption)

Oh, Madame Minister, iwwert dee Punkt solle mer eis awer keng Illusiounen maachen.

(Interruptions)

Also, Dir an ech, mir brauchen se net op déi Iddien ze bréngen. Mä et sinn awer d'Befierchtungen vun de Leit aus der Géigend - ech wëll dat just soen.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse. - Ma da maacht mer mol eng aner Proposition.

M. Robert Mehlen (ADR). - Jo, Dir sidd an der Regierung an net mir.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse. - Hahaha, esou licht ass d'Liewen!

(Hilarité et interruptions)

M. Robert Mehlen (ADR). - Jo!

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse. - Ah, dann ass et awer ganz einfach.

Une voix. - Dir kommt och ni an d'Regierung!

(Interruptions)

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse. - Ah, dat ass awer nu wierklech einfach.

M. Robert Mehlen (ADR). - Ass Dat Är ganz Attitüd?

Une voix. - Et ass och Är!

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse. - Et ass Är, net eis.

M. Robert Mehlen (ADR). - Ech komme jo op d'Argumenter, woufir datt mer net d'accord sinn.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse. - ..., mä da muss een eng Alternativ op där anerer Säit hunn.

M. Robert Mehlen (ADR). - E weideren Aspekt ass d'Sécherheet. Eng getrennten Unitéit brauch natierlech méi en héijen Opwand. Mir gesinn, datt relativ vill Personal gebraucht gëtt, fir esou eng Unitéit sécher ze maachen. Woumat mir och d'accord sinn, ass fir unzeerkennen, datt de Site Schraasseg vläicht net deen allerglécklechste wier, mä et hätt een awer kënnen op deem Site eng total getrennten Unitéit fir déi, déi wierklech stroffälleg gi sinn, opriichten a se mat an de Système de surveillance vun dem zentrale Prisong mat abanne kënnen. Ech soen Iech och wat soss den Avantage dovun gewiescht wier - an ech menge mir soen et jo net eleng.

Wat vill méi schwéierwiegend ass, dat ass, datt hei en Amalgam stattfënnt, eng Vermëschung vu Jugendlechen, déi sech ënner Ëmstänn guer nâischt zu Schold komme gelooss hunn, déi dohinner placéiert gi sinn, well eben dee Moment an hirem familiäre Milieu viles net esou war, wéi et hätt solle sinn, mat deenen, déi kriminell gi sinn an ënner Ëmstänn ganz schlëmm Strofdote gemaach hunn.

Dat ass net gutt a mir haten, wéi dee grouse Prisong sollt ausgebaut ginn, eng Diskussioun driwwer, déi berechtigt war, ob et richtig ass, datt mer zum Beispill Untersuchungsstäfflingen, déi iwwerhaupt nach mat nâischt iwwerfouert sinn, wou am Fong geholl misst d'Unschuldsummutung virop stoen, och am Zentralprisong internéieren oder ob et net méi richtig gewiescht wär, fir eng getrennten Unitéit ze schafen, fir datt déi net direkt stigmatiséiert wieren. Hei passéiert par analogie e bëssen datselwecht, datt Kanner oder Jonker, déi net weider stroffälleg sinn, mat aneren an een Dëppe gehäit ginn.

Mir wëssen alleguer, wat et heescht, wa gesot gëtt: E sëtzt zu Schraasseg. Jiddferen denkt sech dann, datt een iergendwéi condemnéiert wier an eppes Schlëmmes verbrach hätt. Dobäi, wéi gesot, kann dat en Untersuchungsstäffling sinn, deen ënner Ëmstänn zu Onrecht do internéiert ginn ass. Hei passéiert deelweis datselwecht, wann et heescht, e sëtzt zu Dräibuer, da weess dat och keen. Oder och herno am spéidere Liewe gëtt gesot: E war zu Dräibuer. Da kann dat gradesou gutt heeschen, e war am Prisong, och wann en net am Prisong war.

Duerfir ware schonn 1992 an engem Débat, deen hei stattfont huet, ënner anerem den Här Strotz der Meenung, et sollt een, ech zitieren hei: „Well et sech ëmmer nëmmen ëm eng begrenzten Zuel vu Mannerjähregen dréint, sechs bis zielef Jugendlecher, wëll ech d'Fro an de Raum stellen, ob een net fir dëse spezifesch Problem eng Zesummenaarbecht mam noen Ausland kënnt ustriewen.“ Den Här Minister Boden huet deemools gemengt: „Ech sinn och der Meenung, wann ee kéint eng gutt Konventioun mat Instituter am Ausland maachen, datt dat dee beschte Wee wier.“ Dat, well och deemools d'Erkenntnis schonn do war, datt et net gutt wier, wann een dat géing zesummebréngen.

Vill méi gravéierend, Madame Minister, an dat wësst Dir och, ass awer d'Stellungnahm vum Conseil d'État, dee sech farouchement dergéint wiert, datt dat do soll stattfannen.

E seet, e wär mat der Institutioun vun esou engem Centre d'accord, mä e wier net „convaincu ni de son intégration fonctionnelle ni de sa localisation au sein des centres socio-éducatifs de l'État, bien au contraire. Face à des jeunes au comportement gravement perturbé, il importe d'établir des structures claires et séparées, empêchant ainsi toute confusion ou amalgame. Le seul besoin de coordination ou de facilité de transfert ne peut justifier à eux seuls un mélange de régimes différents“ - an

dann zielt en se op. „En plus des raisons pédagogiques plaidant en faveur d'une séparation des genres, la stigmatisation“ - an dat ass dat, wat ech elo grad gesot hunn - „qui ira de pair avec un internement en unité de sécurité ne devrait pas peser sur tous les mineurs placés dans les centres socio-éducatifs de l'État.“

An an der Konkusioun seet de Conseil d'État: „Le Conseil d'État plaide donc avec force en faveur d'une nouvelle structure fermée pour jeunes délinquants dans une nouvelle institution indépendante répondant aux besoins tant des jeunes souffrant de problèmes psychiatriques, de toxicomanie ou d'autres comportements déviants, nécessitant un régime fermé.“ Datselwecht seet d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, déi och mat praktesch deeneselwechten Argumenter kommen.

Den Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand seet a sengem Rapport 2003: „Après mûre réflexion et malgré certains avantages manifestes, notamment le partage des infrastructures du personnel encadrant, le comité est opposé à l'implantation de l'unité de sécurité sur le site de Dreibern pour des raisons d'ordre socio-éducatif.“ Och do, vu Leit, déi et jo awer wierklech misste wëssen, eng ganz kloer Oppositioun.

An dann d'Chamberkommissioun „Jeunesse en détresse“, d'Spezialkommissioun, déi ass zum selwechten Ergebnis komm a si seet an hirem Rapport: „Elle déplore que le CSEE de Dreibern soit devenu une institution où se côtoient aussi bien des enfants victimes de maltraitance ou de carence dans leur milieu familial“, dat heescht, déi, déi iwwerhaupt nâischt verbrach hunn, „que des délinquants multirécidivistes ayant accompli des faits graves en passant par des jeunes souffrant de problèmes psychologiques.“ All déi Leit, deenen hir Kompetenz ee jo awer sécher net kann a Fro stellen, plädéieren dergéint.

An dat ass eigentlech d'Haaptursach, woufir datt mir et net gutt fannen, datt déi Unitéit elo op Dräibuer kënnt an datt do eng Vermëschung gemaach gëtt. Déi eenzeg Avantage sinn, datt ee Site do besteet, wou Jonker sinn, déi Schwierigkeeten hunn an datt een aus Facilitéitsgrënn dat dann do drun hânt. Mir kënnen déi Aart a Weis fir virzegoen net guttheeschen. Mir ralliéieren eis all deenen Argumenter, sief et vum Conseil d'État, sief et vum Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand an och der Chamberkommissioun, der Spezialkommissioun, an dofir kënne mir dësem Projet eis Zoustëmmung net ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président. - Merci, Här Mehlen. Als nächste Riedner ass elo den honorablen Här Bettel ageschriwwen an domat ginn ech him och d'Wuert.

M. Xavier Bettel (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, fir unzefänke wëll ech Iech direkt informéieren, dass ech e bëssen op den Internet surfe gaange sinn, a wann Der do op Google gitt - dat ass esou e Moteur de recherche - an Dir tippt „délinquance juvénile“ an, da gitt Der net méi fäerdeg mat Säite fannen iwwer Artikelen iwwert d'Délinquance juvénile. Dunn hunn ech mer geduecht, da misst een dat Ganzt e bësse preziséieren. Ech hu bei „délinquance juvénile“ nach Lëtzebuerg hannendrun derbäigeschriwwen, an do krut ech och immens vill Saiten.

Firwat ech dat gemaach hunn? Einfach fir ze kucken, wéi d'Situatioun war, fir e bëssen en Historique ze maachen an e bëssen op d'Situatioun vun haut ze kommen. Ech erlaabe mer fir d'éischt dann en Artikel vum „Lëtzebuerger Land“ ze zi-

téieren, vum Josée Hansen, vum 27. November 1998. Do ass an der Chamber justement eng Debat gewiescht iwwert d'Situatioun vun deene Jonken am Milieu carcéral, an do huet de Justizminister gesot: „Le ministre marqua son accord avec la priorité à donner à la construction d'une structure fermée auprès des Centres socio-éducatifs de l'État de Dreiborn et de Schrassig, afin que les mineurs fugueurs ou récidivistes puissent y être encadrés au lieu de les transférer au CPL.“ Dat war de 27. November 1998. Haut, am Joer 2004, et huet eng Zäit gedauert, ass e Projet komm.

Firwat huet et esou laang gedauert? Ech mengen, d'Madame Ministesch kann et soen, a si kann dat och net bestreiden, wat ech elo soen. Esoubal ee seet, et géif e Centre socio-éducatif, hunn d'Leit direkt Panik an Angscht, da géif d'Kriminalitéit an d'Luucht goen, et wieren direkt katastrophal Situatiounen. Ech mengen am Moment selwer kënnt Der net soen, dass zu Dräibuer an an der Émgéigend direkt d'Kriminalitéit eropgaangen ass wéinst dem Centre vun Dräibuer, au contraire.

An elo mat deem neie Centre de sécurité, also mat där Unité de sécurité, wou ech duerno nach wäert drop agoen, ass jo au contraire virgesinn, dass éischstens de Kontakt mat dobaussen och gespäert gëtt, well et ass net nëmmen deen, deen erausgeet, mä et sinn och déi ganz Leit, déi probéieren eranzekommen, well verschidde Leit, déi zu Dräibuer sëtzen, hunn och dann nach e ganze Krees vu Leit, déi gäre Kontakt mat hinnen huelen an déi dohinner ginn.

Erlaabt mer och, dass ech e puer Zuelen zitieren. Eng Kéier sinn dat déi vun der „Stëmm vun der Strooss“, wou se einfach en Artikel iwwert d'Délinquance juvénile geschriwwen haten, an déi soen: „Les risques de se tourner vers la délinquance diversifiée ou de consommer des drogues sont élevés et bien souvent irréversibles. Pour se faire une opinion, voici quelques chiffres sur l'évolution de la délinquance juvénile: En 1980, le nombre d'auteurs mineurs était de 537 pour les hommes et de 75 pour les femmes.“ Dat heescht, 1980 hate mer hei en Total vu 612 Mannerjähreger, déi Délinquanten waren. Am Joer 1999 waren et der 832 bei de Männer an 264 bei de Fraen. Dat war en Total vun 1.096 Leit. Et huet ee jo gesinn, dass eng Augmentatioun do ass, mä och nach eng Augmentatioun bei der Zuel vun de Fraen!

Da kann ee sech d'Fro stellen, sinn déi Zuelen iwwerhaupt déi richteg Zuelen, well et gëtt doudsécher och eng schwaarz Zuel, éischstens wou d'Elteren, wann d'Kanner eng gesticht hunn, net wëlle selbstverständlech d'Kanner denunzieren goen, och vläicht verschidde Gebaier wou den Direkter net wëllt direkt eng Plainte maache goen, oder iwwerhaupt eng Victime, déi net direkt eng Plainte wëllt maache goen. D'Evolution ass wierklech frappant gewiescht. Et ass net, well d'Populatioun an d'Luucht geet, dass dat mat der Delinquentenzuel ze dinne huet. Dat heescht, dass et wierklech e Fait de société ass, wou ee sech muss Froe stellen.

Dunn hunn ech nämlech op dem Internetsite vun engem franséschen Auteur eng Zuel erausfonnt, déi seet: „Depuis le début du 20^e siècle on peut toutefois distinguer quatre phases dans l'évolution de la délinquance juvénile. Jusqu'à l'entre-deux-guerres on note une certaine stabilité.“ Et waren 12.165 Mineuren, déi 1939 a Frankräich suivéiert gi sinn, 13.770 1912, tëschent dem Krich waren et der 34.811, an 1954 13.504, an et ass elo déi lescht 30 Joer wou déi Zuel sech verfënnfach huet! Sou waren et der 1960 26.894, an déi lescht Zuel, déi se a Frankräich dann haten, 1986 an där doter Etüd, huet vun 71.519 geschwat. A si soe justement, dass déi Évolu-

tion démographique do näischt ännert, well et war deemools 3,25 op dausend 1950, an Dir sidd elo op 9,1 op dausend 1977, 9,8 pro dausend 1980 an 10,5 pro dausend 1885.

Dat ass déi éischt Fro, déi ee sech da stellt. Da gesäit ee jo, dass eng Evolution vun der Zuel do ass. Et kann ee sech da soen: Jo, mä sinn dat dann nëmme Leit, déi keng Bildung hunn, déi näischt geléiert hunn an déi „déficients intellectuels“ sinn? Fir mech sinn d'Froen op verschiddene Plazen. Dir hutt d'Famill, déi eng Roll huet, Dir hutt d'Sozialiewen, dat eng Roll huet, Dir hutt d'Jugend vum Kand selwer, déi eng Roll huet, an d'Plaz vum Kand an der Gesellschaft. Eng Délinquance, déi kënnt ganz oft bei engem Jonken, well eng Faiblesse do war um Niveau vun den Elteren a vum Encadrement.

Mä Dir hutt awer och grad de Contraire. Dir hutt ganz oft eng Délinquance bei jonke Leit, well d'Education ze vill rigide war a well d'Kand, fir sech ze expriméieren, eben eng Dommheet gemaach huet, fir opzefalen. Du point de vue facteurs sociaux hutt Der selbstverständlech och den Échec scolaire, deen zielt, an dann duerno kënnt och selbstverständlech de Problem, dass et fir d'Aarbecht méi schwéier gëtt an de Projet a long terme dann einfach feelt, dass de Jonke sech seng Zukunft net ka virstellen. A wann d'Insertion scolaire a professionnelle net klappt, da frequentéiert ee meeschtens Leit, déi deeselwechte „pedigree“ hunn, a selbstverständlech wat ee méi Leit frequentéiert an deemselwechte Milieu, wat de Risiko och besteet, an dee Milieu eranzerutschen.

Et sinn och verschidde Leit, déi mengen, dass den Delinquent nëmme bei deene manner guddesoziale Familljen ass. Dat ass net de Fall. Do ass och eng Enquête gemaach ginn. Dat Eenzegt wat ass, dat ass, dass manner Récidivist sinn, op jidde Fall no der Enquête, déi ech fonnt hunn, bei deene Leit, déi scho gestrooft gi sinn, déi aus favorabel soziale Milieue komm sinn.

Ech hunn och eppes Flottes fonnt gehat iwwer justement d'Récidive, wou se gesot hunn, dass se an Amerika eng Kéier 80 Leit kontrolléiert haten, awer déi fënnf, déi an der Procédure judiciaire waren, waren d'Halschent vun den Doten, déi déi Zäit begaange gi sinn. Selbstverständlech all Mineur, deen an engem Centre ass - ob dat elo zu Dräibuer oder an engem anere Centre ass - ass e Fiasko fir eis allegueren, andeem mer eis nëmme kënnen d'Fro stellen: Wat hu mer falsch gemaach a wéi kënnen mer et besser maachen?

Bon, am franséische Sénat hu se eng Aarbecht gemaach an e bëssen déi ganz Législatioun comparéiert um europäeschen Niveau. A Spuenien an an England gëtt et zum Beispill d'Responsabilité pénale vun den Elteren, déi et och a Frankräich ginn ass, wou e Richter gesot huet, wou eng Mamm net opgepasst huet op e Kand, dat e Multirécidiviste war, dass d'Mamm eng Prisongsstrof als Sanktioun kritt huet, well se net op d'Kand opgepasst huet. Dir hutt och zum Beispill an Holland am Code pénal d'Méiglechkeet, dass de Parquet, ier d'Procédure pénale lassgeet, dem Kand kann eng Aarbecht proposéieren. Hei zu Lëtzebuerg geet dat normalerweis net, do muss dat dann iwwert de Richter lafen.

Et soll een och net mengen, well mer hei vill Auslänner hätten oder eng gewësse Vague vun Auslänner hätten, dass dofir d'Delinquenz an d'Luucht gaange wär. Ech mengen de Joseph Schmit, dee Chef hei ass aus der Stad, huet dat selwer a sengen Zuele gesot, dass et keng Criminalité importée ass, an dass déi meescht Leit och Leit sinn, déi hei residéieren an hei sinn.

Elo iwwert déi Sécuritétsmauer. Selbstverständlech kann ee sech

d'Fro stellen: Déi fënnf Meter Mauer, ass dat da keen zweete Prison? Ech kann lech just soen, actuellement, an dat ass nach net esou laang hier, sinn d'Mineuren zu Schraasseg gewiescht an dann ass gesot ginn: Si kréien awer kee Kontakt mat erwuessene Leit! Ech hat eng Question parlementaire un den Här Frieden gestallt, well eng Zäitche ware se bei de Fraen um Stack!

(Interruption)

Merci, Här Graas. Dat heescht, do ware se zesummen um Stack. Okay, et war e Gitter tëschent deenen zwee, mä de Contact verbal ass do, a wa se dann an den Haff ginn, da gesi se awer een deen aneren. Dat heescht esou eng Trennung war op jidde Fall net garantéiert, an Dir hutt verschidde Mineuren, déi ëmmer Fuguë gemaach hunn. An zu Dräibuer haten se éischstens de Risiko, iwwert d'Mauer ze trëllen, sech wéize doen, an zweetens dann, wéi ech virdu gesot hunn, dass Leit se besiche komm sinn.

An et si verschidde Leit do, wou et ebe keng aner Méiglechkeet gëtt, déi schonn am ganz jonken Alter, mir hunn och scho Fäll gehat vu Mineuren, déi awer Tentative de meutre wann net Mord souguer begaangen hunn, an dat heescht dann ass et eng Gefor fir d'Gesellschaft, an déi kënnen och - dat soe jo och d'Jurisprudenz an d'Richter an d'Gesetz - souguer vun engem Erwuessenen Tribunal, dat heescht net vun engem Jugendrichter, jugéiere gelooss ginn. Fir déi gëtt et keng aner Méiglechkeet an där Situatioun wéi se an enger Struktur ze hunn, déi méi Sécuritét bitt op jidde Fall wéi dat am Moment zu Dräibuer de Fall ass.

Wat elo och wichteg ass an deem heite Projet, ass selbstverständlech, dass och dat Ganzt, wat ronderëm ass, verbessert gëtt. Et geet jo net duer, d'Leit anzespären oder op jidde Fall wëllen do ze placéieren an net ze kucke fir e Suivi ze hunn. De But, dee mer jo allegueren hunn an deen ech mer och wënschen, ass, dass, ganz oft wann elo Strofe gesprach ginn, ob dat elo Prisongsstrofe si bei jonke Leit oder ob dat Mesure-d'éducation sinn, de Suivi ganz wichteg ass. De Suivi fänkt awer schonn un andeem se esou placéiert ginn. Dat heescht, dass gekuckt gëtt, dass aus hinnen eppes gëtt, dass se eng Formatioun kréien an dass se duerno ënnerstëtzt ginn. Déi Leit brauchen dat.

Ganz oft huet e Jonken, also net ganz oft, mä et geschitt awer regelméisseg wann e Jonken eng stiicht, dass et en SOS-Ruff ass, dass et iergendwou net méi geet, dass him iergendeppes feelt. Ech wëll elo net schwätze vun engem Toxicomane, deen elo eng Posch klaut an esou, fir seng Drogen ze kafen, huele mer déi ganz ewech. Mä wou de Jonken aus Langweil, aus Dommheet och eng gesticht huet, an déi muss een dann au contraire suivéieren.

Ech géif et ganz luewenswäert fannen, wann eisen Arsenal législatif éischters géif kucke fir d'Prozeduren ze verkierzen. D'Prozeduren tëschent dem Fait bei engem Jonken a bis d'Audienz kënnt, bis en en Uerteel kritt huet kann heiansdo ganz laang daueren, ee Joer oder zwee Joer, dat ass einfach vill ze laang. Wat ass do den Esprit vun deem Jong, wann en eppes gemaach huet, fir iwwerhaupt nach ze verstoen, wat d'Sanktioun ass, a firwat déi Sanktioun gesprach ginn ass? Bei erwuessene Leit ass et scho ganz schwéier, mä bei engem Jonken, wann en eng gesticht huet, muss et och rapid goen an et muss ee kënnen déi Sanktioun rapidement huelen an net zwee oder dräi Joer duerno soen: Dat, wat s du virun dräi Joer gemaach hues,

dat war net gutt. Ech fannen dat keng gutt Iddi, au contraire, et soll ee kucke fir dat esou rapid ewéi méiglech ze evakuéieren.

A Frankräich hu se dat dann elo gekuckt, fir dass a sechs Méint, tëschent der Dot an tëschent der Décisioun vun engem Richter, dat Ganzt entscheet gëtt.

Op jidde Fall fanne mir déi Initiativen, déi geholl gi sinn, luewenswäert. Selbstverständlech hätt ee kënnen soen: Kommt mir bauen de Centre de sécurité op enger anerer Plaz an net zu Dräibuer. Ech sinn op jidde Fall frou, dass mir hei dee Projet hunn. Ech hunn lech virdu als Introduktioun den Artikel zitéiert vun 1998 an ech wetten, wann d'Madame Jacobs haut d'Missioun kritt hätt fir nach eng aner Plaz ze fannen, fir dee Centre mat méi Sécuritét ze bauen, da wäre mir nach a fënnf oder a sechs Joer hei gewiescht, fir nach driiwwer ze diskutéieren, well nach ëmmer keng Gemeng jo oder nee gesot hätt, an et wären nëmme Problemer gewiescht.

(Interruption)

Ech ka mir et denken, Här Gira. Hätte mir e sollen zu Biekerech bauen, da wäert Dir deen Éische gewiescht, deen dogéint gewiescht wär.

(Interruption)

Dann hu mir eng Proposition, da wësse mir dat op jidde Fall, da muss mir dat notéieren, dass den Här Gira ganz bereet ass, wann iergendeng Kéier esou e Wëllen do ass, wann Dir dann nach Buergermeeschter sidd, Här Gira - ech wënschen lech et jo dann -...

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG). - Dir waart et nach net!

M. Xavier Bettel (DP). - Da géife mir lech et selbstverständlech wënschen, Här Gira, dass mer dann och kënnen esou séier wéi méiglech bei lech an der Gemeng...

Une voix. - Sidd Dir da Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg?

M. Xavier Bettel (DP). - Wat gelift?

(Interruption)

Une voix. - Do ass en awer nach wäit ewech.

M. le Président. - Här Bettel, fuert Dir viru mat Ären Ausféierungen.

Une voix. - En ass um gudden Wee.

(Interruptions)

M. Xavier Bettel (DP). - Här President, ech soen lech merci. Also, wéi gesot, wëll ech elo nach um Schluss der Madame Frank merci soe fir hire Rapport, ech menge si huet e komplett gemaach.

Wéi gesot, haut gëtt eppes gebaut, an dat ass de But, dee mir allegueren wëllen, dass déi Struktur gutt adaptéiert sinn an dass net nach laang gezögert gëtt an dass mer net nach a fënnf Joer hei debattéieren, well et sinn elo fënnf Joer, ech hunn lech den Artikel vun 1998 zitéiert, wou de Minister gesot huet, et wär eng Prioritéit. Mir sinn 2004, an ech wëll net, dass 2010 oder 2015 hei nach Debatte sinn, fir ze kucke wéi mir et solle maachen. Dofir bréngen ech och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Här Bettel. Als nächst Riednerin ass déi honorabel Madame Dagmar Reuter-Angelsberg ageschriwwen. Madame Reuter, Dir hutt d'Wuert.

Mme Dagmar Reuter-Angelsberg (DÉI GRÉNG). - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen

och der Madame Frank merci fir hiren ausféierleche Bericht.

Och wa mir Gréng et begréissen, dass mat dësem Gesetz am Prinzip endlech manner oder keng Jugendlecher méi an de Centre pénitentiaire vu Schraasseg solle kommen, kënnen mir net d'accord si mat dësem Gesetz, well et nees op deenen traditionelle Schinne virufiert. Statt nei an zesammenhängend Konzepter ze entwéckelen, wéi mir mat eise jonke Leit émginn, déi mam Gesetz a Konflikt gerode sinn, gëtt ëmmer nëmme gepléischtert an aus dem Drock vum Moment eraus gehandelt.

Eng Éiwegkeet ass um Plang vum Jugendschutz a vum Jugendstroferecht einfach net genuch geschitt. An och mat dësem Gesetz geschitt am Fong geholl absolut näischt, ausser dass eng Unité de sécurité op Dräibuer kënnt. Well keng besser Léisung kuerzfristig a Siicht ass, geet et alt erëm op déi al Aart a Weis virun a mir placéieren déi nei Unité de sécurité eben dohinner, wou et am schnellsten, am beschten a mat deem geréngste Widerstand geet. Mir setzen se einfach op Dräibuer dobäi, wéi wann Dräibuer net scho genuch iwwerstrapaziéiert wär. Dat schéngt déi prakteschst an effikasse Léisung ze sinn - ass et awer a Wierklechkeet net.

Et gëtt einfach net gemierkt, dass en esou net virukënn an dass een endlech emol nei Weeër misst versichen. Mir Gréng fuerderen, dee Reformstau ze briechen.

Wou sinn déi nei Weeër dann? Esou heescht et als Géigenargument. Et si keng nei Weeër do! Dobäi gëtt et dës nei Perspektive ganz sécher.

Eis Propositione wëlle virun allem eng Dezentraliséierung, mir wëllen ophale mat den Unités de sécurité fermées, esou wéi se elo sollen am gläiche Stil zu Dräibuer gebaut ginn. Mir fuerderen, dass Dräibuer soll ëmstrukturéiert ginn an dass nei Unitéiten op anere Plaze sollen dobäikommen.

Fir Dezentraliséierung schwätzen eng Rei vu gudden Grënn a mir sinn och net déi Eenzeg, déi dat soen a mir ginn net midd, fir et ëmmer erëm och hei op der Tribün ze widerhuelen. Eng gewëssen Dezentraliséierung hätte mir iwwregens schonn, wa mir géifen en Inventaire maachen, wat et un Hëllefstrukture scho gëtt, a wann een dës bestoend Strukturen géif besser koordinéieren, fir dass se kënnen méi effikass zesummeschaffen an hir Aarbecht openeen ofstëmmen.

Nei Perspektiven heescht och wierklech um Ufank ufänken an dofir wëlle mir fir d'éischt emol eng wierklech déif gräifend Reform vum Kanner- a Jugendschutz am Interesse vun eise Kanner a vun eise jonke Leit. Wa mer vu Strukturen schwätzen, da geet et drëm fir kleng dezentraliséiert Unitéiten ze schafen, déi eng sozial Reintegratioun fördern. Och Unités fermées sollen nëmmen eng kleng a begrenzten Zuel vu jonke Leit ophuelen an eben dezentral sinn.

An da sollten déi Strukturen dat néidegt Personal an déi néideg Finanzen kréien, fir hir schwéier Aarbecht esou gutt wéi méiglech ze maachen. Dozou gehéiert eben nient der Familljen- an Elterenaarbecht och eng individuell Betreuung vun de jonke Leit, fir se net einfach opzeginn an aus dem sozialen Netz falen ze loossen, mä fir se erëm op déi richteg Bunn ze kréien.

Wann een dauernd ze héiere kritt, wat dat alles kascht, da kann een deem awer nach entgéinthalen, dass e Mënsch, dee kriminell gëtt oder bleift, fir sech a fir d'Gesellschaft wuel nach vill méi kascht. Et ass e Choix de société: Wéi gi mir mat deene Leit aus eiser Gesellschaft ëm, déi net op de richtege Bunne lafen? Gi mir nees eng Kéier prioritär repressiv vir a spären se einfach all ewech - wéi een elo erëm d'Gefill huet - oder schécke

mir se souguer einfach an d'Ausland. Dat ass eng onverantwortlech Haltung, déi ee schonn domat entlarve kann, wann ee freet, wat mir da géifen dovunner halen, wann eis Noperen eis hir Delinquente géifen op Lëtzebuerg schécken.

Neen, mir musse mat eise Problemer selwer eens ginn, a virun allem, mir dierfen net de Kapp an de Sand steechen, mir mussen eis dës Problemer och aktiv stellen. Do gëllt besonnesch, wann als Argument fir elo erëm Dräibuer gesot gëtt, dass jo soss keen esou ee Centre wéilt. Fir d'éischt wëlle mir wëssen, ob dann iwwerhaupt schonn ee gefrot ginn ass an zum anere musse mer och als Politiker de Courage hu fir eis Matbierger an och eis all eiser Verantwortung ze stellen.

Déi Diskussioun ëm de Standuert vun esou enger Struktur fënnst jo beileiwen net nëmme mat den Unités fermées fir Jonker statt. Mir kenne se aus der Vergaangenheet, bei der Diskussioun ëm de Standuert vun engem Heem fir Behënnernerter, fir geeschteg Kranker, fir geschloe Fraen, fir Mënschen, déi Asyl sichen, oder fir Obdachloser. Ech mengen, als Politiker hu mir d'Verpflichtung - an dat och a Wahlzäiten - eis Matbierger op eppes hinzewisen, wat een eng kollektiv Verantwortung oder eng Matmënschlechkeet kann nennen, an dat am Géigesaz zum allgemeinen Egoismus oder zu de Viruerteeler, déi sech iwwerall breet maachen.

Kapituléiere mir wierklech virun de Préjugéen, dem falsche Verhalen an dem „Manfoutismus“? Da gi mir dem onsozialen Denken an dem Populismus och nach Recht! Scho laang virun eis hu grouss Mënschen drop higewisen, dass een de Wäert vun enger Gesellschaft doru miesse kann, wéi se mat hire Minoritéiten ëmgeet a wat se an hir jonk Leit investéiert.

Et soll een also gutt iwwerleeën, wéi ee virgeet! An dofir wëlle mir grad och op dësem Gebitt vun Jugendschutz a vum Jugendstroferecht mat enger echter Ursachefuerschung ufänken, well een nëmmen esou ka pädagogesch an therapeutesch differenzéiert a sënnvoll virgoen. An déi Ursachefuerschung soll op engem fundéierten Zuelematerial baséieren, dat awer net virläit an dat och bei der Begrënnung zu dësem Projet de loi carrément feelt.

D'Reform vum Jugendschutz a vum Strofrecht soll eng Entkriminaliséierung um Drogeplang virgesinn, do wou et méiglech ass, fir dass mir eis endlech eemol op déi wierklech schwéier Fäll kënnen konzentréieren.

Wa mer elo hei iwwer eng nei Unité de sécurité schwätzen, dann ass dat eigentlech nëmmen de Schlusspunkt vun enger Diskussioun, déi eigentlech mat enger systematescher Preventioun sollt ufänken.

Une voix. - Très bien.

Mme Dagmar Reuter-Ansgelsberg (DÉI GRÉNG). - An déi kéint iwwert den Ausbau vu Jugendämter an engem massive „streetwork“ goen.

Natierlech gëtt et dann nach ëmmer jonk Leit, déi esou geféierlech fir aner an och fir sech selwer sinn, dass se mussen op d'mannst fir eng bestëmmten Zäit vun hirem normalen Ëmfeld isoléiert a speziell betreit ginn, ouni dass si de fräie Kontakt no baussen hunn.

Wann een se esou mussen aspären - nenne mir d'Kand mam Numm -, da muss kloer sinn, dass dat dat lescht Mëttel ass - do si mir eis all eens -, awer déi Noutléisung vun Aspäre muss kuerz a begrenzt sinn - falls dat iwwerhaupt bei esou enger geschlossener Erzéiung méiglech ass - an esou pädagogesch geplangt an duerchduecht sinn, dass d'Reintegratioun an d'Gesell-

schaft vum éischten Dag un d'Zil ass.

Wéi awer soll een dat maachen, wann ee vum éischten Dag un déi Betraffe stigmatiséiert an hinne gewëssermoossen e Brandzeeche setzt? Dat ass sécher net vun de Verantwortleche gewollt, awer mir all wëssen, dass dëst Brandzeeche vum éischten Dag un „Dräibuer“ heescht.

Mam Numm „Dräibuer“ si leider ganz vill Viruerteeler a Feelaschätzungen verbonnen. An déi gi mat dëser neier Unité fermée bestëmmt net besser, mä souguer nach schlimmer. „E kënnt vun Dräibuer“, wäert méi wéi jee eng Etiquette sinn, déi all Mënsch uklieft, deen aus iergendengem Grond dohinner komm ass, sief et als hëllefloost Affär vu Gewalt oder als Täter, oder vläicht souguer well an der Jugendpsychiatrie um Kierchbiërg keng Plaz méi war.

Wee weess scho wat zu Dräibuer wierklech lass ass, wéi schwéier den Alldag do ausgesäit a wat déi betraffe jonk Leit a virun allem och d'Personal do op sech huele mussen.

Mir Gréng hate scho bei der Debatt ëm d'Jeunesse en détresse en Audit iwwer Dräibuer gefuerdert, fir eemol all Mënsch och hei an der Chamber an d'Bild ze setzen. Vun deem Audit dierfe mir eis en neie Bléck op Dräibuer versprieche, awer och nei Perspektiven an en neien Elan fir déi Responsabel an all déi Leit, déi do op engem immens schwéieren Terrain schaffen. Leider gouf deen Audit net vun de Regierungsparteie gewëllegt, an Dräibuer soll elo eben an engem sturen Automatismus erweidert ginn.

Wéi vill manner komplizéiert a manner belaaschtend wär et, wa mer eng ganz Rei aner Zentre verdeelt iwwert d'ganz Land hätten.

Mir fäerten, dass einfach näischt wierklech geschitt an dass, wann dës Projet de loi elo gestëmmt ass, de ganzen Dossier Dräibuer nëmme just als eng Geschicht vu Paragraphen erëm ad acta geluecht an näischt a Fro gestallt gëtt.

Ënnert dem Zäitdrock gëllt de Problem da fir vill als geléist, ass en awer ganz a guer net. Esou Selbsttäuschunge féiere weider an d'Sakgaass.

Ech géif mer wënschen, dass net nëmmen um wirtschaftlechen an um wëssenschaftleche Plang op Recherche an Innovatioun gesat géif, mä och am soziale Beräich um Beispill vun der Eltereschoul, dass déi nach weider duerch d'Land propagéiert gëtt.

Mir als Fraktioun kënnen dës Projet net stëmmen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen lech merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Madame Reuter. Domat wär elo kee Riedner méi do an ech géif der Regierung d'Wuert ginn. Madame Jacobs, Dir hutt d'Wuert.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing wëlle fir d'éischt der Madame Marie-Josée Frank e grouss Merci soe fir hire präzisen esougutt schrëftleche wéi och mëndleche Rapport, dee mir an lech et méi liicht mécht, well mer domadder Zäit spueren an ech net erëm eng Kéier ufänken, dee ganze Projet hei ze explizéiere vu vir bis hannen, mä vläicht just e puer Remarques zu där ganzer Aarbecht maachen an och zu deene verschiddenen Aussoen, déi hei gemaach goufen.

Ech wëll éischstens soen, dass ech mech vis-à-vis vun der Wuermeldenger Gemeng engagéiert hat, dass mer géifen e Gesetz maachen, a wou mer och géingen dra schrei-

wen, dass net méi wéi 12 Jugendlecher dierften an déi Unité de sécurité do kommen.

Eng aner Erausforderung, déi mer zënter laange Joren haten, ass déi eben, dass mer vun internationale Gremien, eng Kéier vun der Kommissioun géint d'Torturen, mä och elo - wéi den Här Robles hei wor - vum Conseil de l'Europe gesot kritt hunn, dass mer endlech missten do handelen an net méi déi Jugendlechen an de Prisong setzen, sou dass ech denken, dass mer, wa mer dee Projet, deen haut gestëmmt gëtt, dann och deene Wënsch an deenen Erausforderungen endlech kënnen Rechnung droen.

Wéi laang, dass esou Saachen daueren, dat hu mer héieren, 12 Joer. An ech weess mech ze erënnere, an där leschter Regierung hat de Minister Goebbels, deen deemools Bauteminister war, gesot: Kommt mer maachen e Projet, deen net méi grouss an net méi deier gëtt, dass mer kee Projet de loi iwwert d'Gebai selwer musse maachen. Do gesitt Der, mer hätten nach vill kéinte maachen an der Zwëschenzäit, well dat awer alles esou laang dauert. Eppes kann een hei op jidde Fall net soen, dat ass, dass et iwwert de Knéi gebrach gi wär. Bei eppes wat esou laang dauert, do ka kee méi soen, dass net jidderee laang genuch Zäit gehat hätt, fir sech alles laang a breet ze iwwerleeën.

Ech soe jiddefalls vun dëser Plaz aus deene Gemengen, déi do ronderëm leien, e grouss Merci fir hiert Verständnis. Et ass net selbstverständlech, besonnesch net méi an dësen Zäiten. Et ass hei op vill Egoismus higewise ginn, mä wou dann awer keen engem seet, wou dann den Egoismus misst ophalen a wéi een domadder misst ëmgoen. Wéi gesot, merci fir hiert Verständnis. Dat war net ëmmer esou einfach, an dofir hate mer gemengt et wär wichteg fir deene Kritiken, déi si abruucht hunn, deene Changementer an deene Verbesserungen, déi si gefrot hunn, och Rechnung ze droen.

Ech soen dat nach eng Kéier, ech hunn et elo grad am Ufank ewell gesot. Ech hunn an all Kommissiounssëtzung, déi war, jidderee gefrot vun Deputéierten. Et ass einfach fir ze soen, dat do ass net de richtige Site. Ech hunn awer keng eenzeg Äntwert kritt, wou gesot gouf, do an do ass déi besser Plaz wou e kéint hkommen. Wann ech dann héieren, dass ech hei gesot kréien, ma Dir sidd an der Regierung, da mengen ech wierklech awer, dass mer amgaange sinn hei jidderee sech aus der Responsabilitéit och nëmmen an där klengster an an där mannster awer nëmme méi nach puer Demagogie ze maachen op dem Réck...

(Interruption)

Jo, ech free mech wat se da géife maachen. Da géife se sécher soen, ma dat hat jo lo déi Regierung viraus gemaach, elo kënnen mer dat net méi réckgängeg maachen. Mä esou géif dat jo da funktionéieren, also mer kenne jo déi Tricken do. Also esou einfach ass jo d'Liewen.

Ech, wéi gesot, bedauern am Fong wann ech hei esou héieren, dass dann elo iwwert déi Jugendlechen do geschwat gëtt, wéi wann dat alleguerter grouss Krimineller wären. Dat si Jugendlecher, déi entweder fortgelaft sinn, déi viru längerer Zäit iergendwou och net méi an d'Schoul gaange sinn. Dofir sinn dat Gott sei Dank net alleguerter Jugendlecher, déi, wéi gesot, fir de Rescht awer nu kengem Mënsch méi zouzemudde sinn.

Ech sinn iwwerhaupt net domat d'accord, fir ze soen, se wäere besser gewiesch an der Enceinte vum Prisong. Also, wann ee sech dat ewell virstellt, also da geet et jo

awer wierklech nëmmen nach just drëm, dass mer se aspären an dass mer se net méi gesinn, oder awer da kucken, dass mer se iwwert d'Grenz kréien, fir dass mir eise Problemer lass sinn.

Mir si wierklech gutt doranner, fir ze kucke fir alles, wat eis net an de Krom passt, iwwert d'Grenz ze kréien. An dat ass eppes, wa mer net méi méi Responsabilitéit hunn, da froen ech mech wierklech, ob mer net definitiv awer och demissionéiert hunn.

Ech wëll och soen, dass déi Kanner, déi haut zu enger grousser Partie do sinn, net méi, wéi dat fréier war, dacks Kanner sinn, déi aus schwierege soziale Konditiounen vun hire Familljen aus kommen, mä et och ganz dacks Kanner sinn, déi aus Famillje kommen, déi gutt integréiert sinn an d'Sozialliewen hei vu Lëtzebuerg, esougutt professionell wéi och kulturell. Och wann hei gesot gëtt, da muss een deenen hei eng Formatioun ginn, wou se domadder dann herno kënnen an d'Liewen zrëckgoen, da wär dat richtig.

Op där anerer Säit - fir och ze weisen, wéi d'Kontraktiounen sinn - gëtt dann awer gesot: Ah neen, Dir dierft se awer net ze laang do halen. Also Dir musst engem eng Formatioun ginn, dee vläicht nach ni a sengem Liewen an enger Schoul war. En dierft awer net ze laang do bleiwen. Wéi een dat alles op een Nenner kritt, dat ass eppes wat ech bis elo net verstanen hunn. Mä vu dass dee jo net an der Regierung ass, brauch en dat jo och net ze beweisen.

Ech denken, an et ass hei gesot ginn, dass d'Preventioun eng wichteg Roll spillt an dass et och kloer ass, dass an deenen nächste Joren, ob dat iwwert d'Eltereschoul ass, ob dat awer och ass iwwer zousätzlech Plazen, déi mussen an deenen anere Structures d'accueil geschafe ginn, oder och an dem Ausbau vu Servicer fir Elteren a Kanner, dass een et domadder muss probéieren.

Ech weess elo net awéiwäit, dass d'Kriminalitéit an och d'Violence vis-à-vis vun deene Jugendlechen haut iwwerall méi grouss ass, wéi se et fréier war. Ech weess net wéi vill, dass mer et jee eng Kéier gemooss hunn a wéi vill, dass mer jee eng Kéier duerno och gekuckt hunn. Mer gesinn awer ganz vill Jugendlecher, déi do sinn, déi an der Toxicomanie sinn. Déi entweder do sinn, well se selwer drogesüchteg sinn, oder awer weinst der Beschaffungskriminalitéit, fir erëm selwer domadder Mëttelen ze fannen, fir erëm kënnen sech virun ze drogéieren. Ech denken, dass dat och déi Punkte sinn. Wann een déi Jugendlechen gesäit, sinn dat net déi, déi a priori grouss Krimineller sinn.

Ech wëll just soen, dass 1992 am Ganzen zu Dräibuer 97 Jonge passéiert sinn, an zu Schraasseg 54 Meedercher. 1994 ware 86 verschidde Jugendlecher zu Dräibuer a 77 Meedercher zu Schraasseg. 2003 waren et der 173. Esou dass Der gesitt, dass am Fong déi Zuel liicht no ënnen oder no uewe mol changéiert, mä dass et a sech kee ganz grouss Changement ass.

Déi Unité de sécurité, an dann och iwwerhaupt d'Personal selwer, et ass och interessant fir d'Deputéierte fir ze héieren, dass mer 1992 45 Posten do haten. Haut hu mer 71 Posten, déi elo zu Schraasseg an Dräibuer sinn, a wou aus deene ganz ville Gardienen, déi deemools do waren, mëttlerweil awer 15 Educateurs gradués, 10 Educateurs an 12 Educateurs-instructeurs do sinn. An och fir déi nei Unité de sécurité hu mer virgesinn 23 Posten ze schafen, déi besonnesch och am Beräich vun dem éducativë Personal sinn, well mer net wëllen déi Kanner ewechspären, mä well mer wëlle mat e Projete maachen, well mer wëllen, dass se erëm zrëck an d'Liewe kënnen kommen, well mer wëllen, dass se all Méiglechkeeten kënnen kréie fir sech do normal kënnen erëmfannen an

och iwwert déi Aart a Weis wéi do mat e geschafft gëtt an och wéi dat kënnt gemaach ginn.

Och d'Frais de fonctionnement waren 1992 77,3 Milliounen där aler Frang, déi si fir 2004 op 179,8 Milliounen, och där aler Frang, eropgaangen. Wat och beweist, dass dat alles nach net esou fonctionnéiert wéi virun zéng oder zwielef Joer, mä dass och do, wéi gesot, mat deene Jugendlechen eng ganz Partie vu Changementer gemaach goufen. An all déi, déi net do waren, kënnen jo nach dohinner goen - d'Kommissioun, d'Chamber hätt jo kënnen eng Kéier dohinner goen, et ass och elo nach ëmmer Zäit fir ze goen an ech denken och, dass et nom 13. Juni net verbueden ass fir dohinner ze goen -, fir sech och dovunner ze iwwerzeegen wat fir eng Aarbecht, dass do gemaach gëtt, wéi déi Aarbecht do gemaach gëtt an och vum Engagement vun deem Personal wat doranner schafft, wat sécher net déi einfachsten Aarbechten am Lëtzebuerger Land an deem dote Beräich sinn. An dofir verdéngen se sécher, si an och d'Kommissioun an all déi Leit, déi an deene leschte Joren doranner geschafft hunn, eng gewaltig Unerkennung vun eise Respekt an och vun eiser Dankbarkeet vis-à-vis vun där Aarbecht déi, wéi gesot, do gemaach gëtt.

An der Unité de sécurité mussen och Grenze gesat ginn. Do muss een och gesot kréien, wat een dierft a wat een net dierft. An dorobber fonctionnéiert et wat fir eng Méiglechkeeten, dass een huet, fir méi Fräiheeten ze hunn oder fir méi Méiglechkeeten ze hu fir kënnen eege Projeten ze maachen oder och manner ze maachen, well et ganz dacker Jugendlecher sinn, déi iwwerhaupt an hirem Liewen nach keng Struktur haten an och nach net gewinnt waren, fir sech un iergendeppes ze halen.

Wichteg ass also d'Formatioun, d'Initiation professionnelle, mä wou se awer och déi Schlësselqualifikatiounen geléiert gi wéi d'Pünktlechkeet, wéi d'Mataarbecht, wéi d'Sécherheet, wéi d'Zouverlässigkeet an esou virun, an op där anerer Säit wou se awer och geléiert ginn an hirem eegene Liewen, deem normale Liewen, domadder eens ze ginn, dass se och selwer kënnen hiert lesse maachen, dass se hir Kleeder an hiert Logement kënnen an der Rei halen an och eens gi fir hir Suen ze géréieren; well och dat, denken ech, ass eng wichteg Viraussetzung wann een herno an d'Liewe kënnt, fir dann och domadder kënnen eens ze ginn. Wichteg ass och fir déi Aarbecht, dass d'Elteren an och déi aner Memberen aus der Famill do mat abezu ginn.

Da gëtt gesot: Mä dat gëtt een negatiivt Bild vun deene Jugendlechen, déi zu Schraasseg oder zu Dräibuer sinn. Mir hate mol d'Demande vun Associatiounen, déi gesot hunn: Ma jo mir wëilten eigentlech hei en Haus opmaache fir Jugendlecher, déi anerer mëssbraucht hunn. Do hunn ech gesot: Mat där Klengheet, an där Lëtzebuerg ass, wéi laang dauert et da bis da jidderee weess, ah, dass do ass där ee vum Lampertsbiërg oder dat do ass där ee vum Cents oder wou et och ëmmer ass. Fir sech also der Illusioun hinzeginn, dass wann een op eng aner Plaz géing goen, wéi dat elo de Moment virgesinn ass, da mengen ech, géing dat net ganz laang dauere bis genau déiselwecht Raisonement kéime vis-à-vis vun enger anerer Gemeng oder vis-à-vis vun enger anerer Uertschaft, wéi dat elo hei de Fall ass.

Da kënnt déi grouss Fro vun deenen zwielef, ob dat duer géif goen oder ob dat net duer géif goen. Mir haten an deene leschte Joren - an ech hat gesot, ech géif dem Här Di Bartolomeo dat och soen, wéi vill, dass et der waren, elo muss ech dat séier erëmfannen - 2002 zwëschen véier a véierzéng Jugendlecher, an do hat Der gesinn, dass am Dezember waren et der véier-

zéng an am Januar 2003 waren et der zwielef; an an deem Joer war och e Maximum vun zwielef.

Dat ass eng Diskussioun, déi och vun de Spezialiste gefouert gëtt, fir ze soen: Geet dat duer? Geet et net duer? Do kënn Der natierlech soen an do gëtt och gesot: Mä wann Der méi grouss baut, dann ass et och vill méi liicht, fir der nach méi dohinner ze placéieren an nach méi dohinner ze setzen. Anerer soen: Souwisou soll een esou eng Unitéit net méi grouss maachen. An hei ass jo gesot ginn, mir géife se ze vill grouss maachen. Wann ee se also nach méi grouss wéi zwielef mécht, dann denken ech, dass dat och oft dozou féiert, datt do nach méi Schwieregkeete beienee kommen.

Ech wëll och soen, datt déi hei Unité de sécurité keng Psychiatrie kann ersetzen. Déi kann och keen Haus ersetzen, wou Jugendlecher vun Drogen entwinn ginn. Also mir musse wëssen, wat dat Zil dovunner ass. An dohier mengen ech, et ass a kengem Fall méiglech an och net denkbar, datt dat doten Haus fir Leit, déi wierklech massiv dérangéiert sinn a psychiatresch Problemer hunn, déi Plaz ass wou se ihgehéieren. An dann ass et och kloer, datt ee muss aner Weeër fannen an d'Regierung huet sech och engagéiert fir ze soen: Mir missten e Centre an och Méiglechkeete fannen, fir e Suivi ze garantéieren, dee géif no der Jugendpsychiatrie gemaach ginn, wann déi Jugendleche eben um Kierchbierg entlooss ginn.

Vun dohier denken ech, datt déi zwielef eng Zuel ass, déi normalerweis misst eise Besoinen entsprechen an, wéi gesot, wann dat domadder net duergeet, dann ass et sécher net méi op deem dote Site, wou een nach zousätzlech soll intervenéieren an och nach soll derbäi bauen, mä da muss een och wierklech kucke wou een aner Méiglechkeete fënnt. Woubäi ech awer deem, deen dat wäert an der nächster Regierung maachen, wierklech vill Chance wënschen, well mat deem Courage, deen iwwerall ass! Wéi gesot, ech hu bis elo nach kee vun deenen alleguerten héiere mat deenen ech geschwat hunn, dee gesot hutt: Et ass schlecht. A wann ech da gefrot hunn: Da sot mer wou mer da solle goen? Da ware mer alleguerten op der Tauchstation an da war awer och net een Eenzeg den do fir ze soen: Mä bei eis kënnen se kommen oder mir hätten awer wierklech d'Méiglechkeet, an eiser Gemeng géing dat dote kee Problem stellen.

Ech denken och, datt déi Kritären iwwert d'Sécuritét, déi do agefouert ginn - an d'Madame Frank huet se hei am Detail elo opgezielt - net ze négligéiere sinn, déi jo mussen do agefouert ginn, déi och mussen agehale ginn an déi och musse realiséiert ginn, eigentlech zu méi Sécherheet misste bäidroen, wéi dat elo de Fall ass, wann ee weess, datt déi Jugendleche, déi jo elo do sinn, - dat ass jo eng total oppen Anstalt - a wou der esou vill vun hinnen, wéi si dat selwer nennen, do permanent op der Mëtt sinn, datt dat op jidde Fall net méi méiglech ass, datt och dee Poste vun der Sécuritét ausserhalb vun der Unité de sécurité ass, datt déi Mauer, déi ronderëm gebaut gëtt, an datt och d'Strooss, déi do verluecht gëtt, de Parking, deen op eng aner Plaz kënn, och missten dozou bäidroen, datt domadder fir d'Sécherheet och vun deene Leit ronderëm géing gesuergt ginn.

Här President, et kënn een nach esou villes doriwwer soen. Mir hatten déi Diskussioun zu engem Deel hei iwwert d'Jeunesse en détresse an ech denken och, datt no de Wahlen heimadder d'Problemer net alleguerde geléist sinn an datt dann näischt do ass, wat déi Leit, déi dann an der Regierung sinn an nei a besser Iddien hunn, drun hënnert fir déi dann ëmzesetzen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Minister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen dann doriwwer of. Den Text steet am Document parlementaire 5162^a.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Nico Loes)

D'Artikelen 1 bis 22 si gelies an ugehall.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert dee gesamte Projet de loi 5162.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet ass gestëmmt gi mat 40 Jo-, 11 Nee-Stëmmen an 1 Absten-tioun.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Paul-Henri Meyers), Jean-Marie Halsdorf, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Marcel Sauber), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Mme Nelly Stein (par M. Théo Stendebach), MM. Théo Stendebach et Lucien Weiler (par M. Marco Schank);

Mme Simone Beissel (par M. Marco Schroell), MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Claude Meisch), Marco Schroell et John Schummer (par M. Alexandre Krieps);

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Georges Wohlfart), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Alex Bodry), Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par Mme Lydie Err), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

Ont voté non: MM. Jean Colombara (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Fernand Greisen (par M. Jean-Pierre Koepp), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepp;

MM. François Bausch (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira).

S'est abstenu: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun iwwert de Projet 5163 iwwert den RMG. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgesat. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Hären Di Bartolomeo, Bettel, Jaerling, d'Madame Reuter an den Här Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

5. 5163 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti

Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse

M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 5163, deen d'Gesetz iwwert den

RMG ofännert, ass den 20. Mee 2003 an der Chamber déposéiert gi vun der Madame Marie-Josée Jacobs, Familljeministesche. D'Beruffschamberen hunn hir Avisen ofginn tëschent Juli an Oktober 2003. De Statsrot huet en éischten Avis ofginn de 27. Januar 2004. D'Kommissioun, déi de Projet diskutéiert an analyséiert huet, d'Kommissioun vun der Famill, Sozialsolidaritéit a Jugend, huet zwee Ofännerungsvirschléi gemaach, déi un de Statsrot gaange sinn. De Statsrot huet dozou den 30. Mäerz vun dësem Joer säin Avis ofginn. De schréftleche Rapport vum 26. Abrëll 2004 vun der Kommissioun fir Famill, Sozialsolidaritéit a Jugend ass mat enger grousser Majoritéit ugehall ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'RMGs-Gesetz ass eent vun deene wichtegste soziale Gesetze hei am Land. Et ass och niewent dem Gesetz iwwert d'Fleegeversécherung dat wichtegst Gesetz am soziale Beräich wat an deene leschten 20 Joer a Kraaft getrueden ass. Et garantéiert alle Leit, déi hei am Land wunnen an déi d'Bedingunge vum Gesetz erfëllen, e Mindestakomes, deen haut bei enger einzelner Persoun bei 999,35 Euro läit a bei enger Koppel bei 1.499,05 Euro. Derniewent gesäit d'Gesetz jo och fir déi Leit vir, déi kënne schaffen goen, déi d'Indemnité d'insertion kënne kréien, dass déi Indemnitéit bis zur Héicht vum Mindestloun kann ausbezueelt ginn.

Domat ass eigentlech dat do Gesetz dat lescht soziaalt Netz wat verhénnere soll, dass d'Leit mat niddregem Akomes an d'Aarmut falen. Et ass och esou, dass déi Ännerungen, déi elo virgesi sinn an deem heite Gesetz, quasiment vun allen Instanzen, Beruffschamberen a Conseil d'État guttgeheescht si ginn. Et ass awer esou, dass vu verschiddenen Instanzen e puer Kritiken ubruecht si ginn, wou ech géif mengen, dass ee misst drop agoen. Déi Kritike sinn eigentlech vun zwou Kategorien.

Eng éischt Kritik, déi haaptsächlech vun der Chambre de Travail, awer och vum Conseil d'État virbruecht ginn ass, ass déi, dass dat Gesetz no an no ëmmer méi an déi eenzel sozial Fäll erageet an dass et den Organismen eng vill ze grouss Appréciation géif iwwerloossen, an d'Chambre de Travail huet esouguer gemengt, domat hätten d'Leit kee Rekursrecht! Wat falsch ass! De Conseil d'État huet e bësse vun arbiträren Entscheedungen geschwat, wat och falsch ass. Well dat Gesetz hei - an ech wäert och spéider drop agoen, firwat dass dat ëmmer erëm muss ugepasst ginn an den eenzelne Situatiounen Rechnung muss droen - gesäit d'Bedingunge vir, no deenen een déi Prestatioun kritt, et gesäit och d'Montant vir, an et gesäit eng ganz Rei Dispositiounen vir, déi et deenen Organismen, déi d'Décisionen ze huelen hunn, erlaben, op déi individuell Situatioun vun deene Leit kënnen anzegoen.

Et dierf een net vergiessen, dass den RMG an déi Leeschtungen vun deem heite Gesetz e Recht sinn. Si sinn e Recht, an et kann net op eng arbiträr Aart a Weis virgaange ginn. Den Organisme, deen eng Décision hält, muss déi Décision motivéieren. E muss och de Bénéficiaire, den Demandeur op d'Méiglechkeet hiweisen, dass en e Rekurs ka maachen, an opgrond vun där Motivatioun, opgrond vun där Décision susceptible d'un recours kann dee bei de Riichter goen, an de Riichter an duebler Instanz wäert dann entscheiden, wat richtig ass an ob déi Appréciation, déi geholl ginn ass, och dem Text an dem Esprit vum Gesetz entsprécht.

Et kann een also net higoen, wéi de Conseil d'État et gemaach huet, an hei de Fonds de Solidarité eigentlech mat engem groussen Office social vergläichen, wat net de Fall ass. Well bei den Offices sociaux, déi aus dem 19. Jorhonnert datéieren, huet ee kee Rekursrecht.

Une voix.- Emol kee Recht.

M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.- Iwwerhaapt kee Recht. Déi kënnen entscheiden no eegenem Gutdünken. Si kënnen de Leit, ouni eng Motivatioun ze ginn, Prestatiounen refuséieren, déi iwwerhaapt net an deene Gesetze prezis virgesi sinn. Et ass also falsch fir do dee Verglach ze maachen, an et kann een deen net esou stoe loosse wéi de Conseil d'État et hei gemaach huet. Menger Meinung no, an net nëmme menger Meinung no, ass de Conseil d'État do um falsche Wee, an et ass net ubruecht fir deen dote Verglach ze maachen.

Eng zweet Kritik, Här Halsdorf, wat richtig ass, ass richtig, ganz egal wou et steet a wien et gesot huet.

(Interruptions diverses)

M. Aly Jaerling (ADR).- Dir hutt ganz Recht! Net wa mir et soen. Wann Dir et sot, ass et ganz richtig.

M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.- Oh, bei lech ass net oft eppes richtig, Här Jaerling.

(Interruptions diverses et hilarité)

M. Aly Jaerling (ADR).- Wien hutt Der elo gemengt?

M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.- Jo, jo!

M. Aly Jaerling (ADR).- Mengt Der mech elo perséinlech?

M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.- Neen, ech hunn Är ganz...

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- Dir hutt elo grad bei deem anere Projet net brauchen ze schwätzen. Do hat jo Äre President lech net gelooss, obschonns Dir d'Aarbecht an der Kommissioun gemaach hutt. Dann dierft Der sécher duerno elo schwätzen?

M. Aly Jaerling (ADR).- Jo, mä bei der CSV gëtt et och eng Hierarchie.

M. le Président.- Loosst den Här Meyers elo schwätzen!

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- Bei eis kann dee schwätzen, deen d'Aarbecht gemaach huet.

M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.- Här President, Dir mierkt, wann een hei eng Wourecht seet, ass ëmmer den ADR um Plang, well se dat net kënne verdroen.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Den RMG ass 1986 geschafte ginn. En huet also dat Sozialnetz geschaaft, déi Gesetzgebung, déi haut net méi ewechzedenken ass. Zënter 1986 ass allerdéngs déi Gesetzgebung ëmmer erëm ausgedehnt, verbessert, ugepasst ginn. D'Texter, déi méi en allgemenge Charakter haten, si verfeinert ginn, an de Statsminister géing soen: Si hunn och permanent ëmmer méi fei misse geheekelt ginn, fir all deene Situatiounen och Rechnung ze droen, an zwar fir zwee Ziler ze erreechen.

Engersäits fir déi Leit opzefänken, déi nach ëmmer duerch dat soziaalt Netz gefall sinn, déi also net

konnte vun deenen Avantagé profitéieren - a Gott weess, am Laf vun der Zäit hu sech ëmmer méi vun deene Fäll gestallt, mir hunn der haut och nach, dofir ass och dat hei Gesetz keen Enn, souwéi och bei anere Sozialgesetze et eigentlech ni en Enn gëtt. Et muss een ëmmer upassen un déi Situatiounen, déi nei entstinn.

Awer och huet d'Gesetz missen ugepasst gi fir op där anerer Säit déi Leit auszeschleissen, déi wollte vun deem Gesetz profitéieren, ouni dass am Fong geholl dat Gesetz eigentlech fir si geduecht war, an deenen hir Situatioun eigentlech net esou war, dass se hätte vun där doter Situatioun kënne profitéieren. D'Gesetz huet also och effektiv missen Noutsituatiounen léisen a gläichzäiteg Mësstänn an Abusën ausschleissen; well am soziale Beräich fënnt een och ëmmer déi Situatiounen erëm.

Ee Gesetzestext ze maachen, deen der ganzer sozialer Nout mat all hire familiären, medezineschen, finanziellen Differenze Rechnung droe soll an trotzdeem net esou wäit geet, dass Abusën opkommen, ass wierklech net einfach. Et ass e bëssen e Seeldanz, fir do ëmmer déi richtig Mëtt ze fannen.

Fir all deene soziale Situatiounen Rechnung ze droen, huet also d'Gesetz vun 1986 ëmmer erëm missen ugepasst ginn an déi lescht wesentlech Upassung vun deem Gesetz, déi e ganzen Deel vun der Législatioun nei verfaasst huet, ass vun 1999. Mä och dat Gesetz vun 1999 gëtt elo mat där heiter Ofännerung scho fir déi drëtze Kéier ugepasst. Mir hoffen zwar, dass dann dat Gesetz do fir eng méi laang Zäit och gutt ass, mä mir wäerten awer gesinn, dass och an deenen nächste Joren ëmmer erëm nei Upassungen musse kommen.

Wat sinn elo déi wesentlech Ofännerungen, déi haut solle gestëmmt ginn an déi am Gesetz virgesi sinn? Ech wäert probéieren, déi Ofännerungen a fënnf verschidde Kategorien ënnerzebréngen.

Fir d'éischt emol gëtt den Artikel 3 vum Gesetz ofgeännert, deen all déi Fäll vun de Leeschtungen ausschléisst, déi net sollen drënner falen. Do ginn eng ganz Rei vu Kategoriën vu Fäll iwwerholl, déi schonn an der Gesetzgebung dra waren, déi allerdéngs méi kloer ausgedréckt ginn. An nei kënn dran, dass och déi Leit ausgeschloss ginn, déi refuséieren u Mesures d'insertion professionnelle ze participéieren, déi vun der ADEM organiséiert ginn, oder déi, wa se an esou enger Mesure dra sinn, déi Mesure einfach opginn.

Mä och do kënn eng Ännerung an do gesäit een, wat fir eng fein Doséierung an den Text muss erakommen. Do kënn dann och eng Derogationsméiglechkeet, fir deen Organisme, deen d'Décision ze huelen huet, wann e feststellt, dass en op Grond vun deene seriöse Motiver, déi kënne virbruecht ginn, déi reell a seriö sinn, kann den Organisme trotz den Derogatiounen, déi am Gesetz virgesi sinn, awer Prestatiounen bewëllegen, op Grond vun enger individueller Appréciation - wat ech virdrun och gesot hunn, dass den Organisme déi Appréciation muss behalen.

Do derniewent: Wann een e Refus kritt huet, konnt ee während sechs Méint keng nei Demande am alen Text stellen. Deen Délai ass op dräi Méint duerch dat hei Gesetz erofgesat ginn; wat also och eng Verbesserung duerstellt.

Deen zweete Beräich, deen haaptsächlech duerch d'Gesetz viséiert ass, ass de Contrat d'insertion. D'Indemnité d'insertion an de Contrat d'insertion, déi an den Article 6 bis 16 vum Gesetz vun 1999 virgesi sinn, gesi vir, dass déi Leit, déi apte si fir de Marché du Travail, déi also kënnte schaffen goen, déi manner wéi 60 Joer al sinn, e Contrat d'insertion kënne kréien,